



Wat déi technesch Detailer vun dësem Text ugeet, si mer selbstverständlech mat vollem Härz d'accord. Ech mengen, hei geet et ëm Moyenen, déi en place gesat ginn. Déi Cour constitutionnelle ass extreem wichteg a muss eis erhale bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Fir d'éischt emol Merci dem Alex Bodry fir säin exzellente Rapport. Haut stëmme mer iwwer e méi moderne Rechtsstaat of an deementspreechend wäerten d'Piraten och do hir Zoustëmmung ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, d'Justizministesch, d'Madamm Tanson.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, Merci, Här President. Fir d'éischt emol e ganz grouse Merci un d'Kommissioun, dass Der hei esou séier an effikass matgehollé hutt, fir dass fir d'éischt emol d'Constitutionn konnt geännert ginn an elo den Text vum Gesetz ka geännert ginn, fir dass d'Cour constitutionnelle an alle Konditiounen erëm ka gutt schaffen an och de Prinzip generell sech e bëssen nei Moyene ginn huet, wat ech nëmme ka begréis-sen. E spezielle Merci un den Alex Bodry, deen a senger gewinnter Fachkenntnis hei de Projet duergeluecht huet.

Just nach eng Prezisioun, well elo monéiert ginn ass, d'Avise wieren ze spéit ukomm, wat ech natierlech och bedauern. Ech hunn dat awer elo nach nogefrot. An de Stempel vun der Entrée an der Justice ass vum 4. November a mir hu se de 7. weiderginn. A si sinn dann duerno de 14. weidergaangen un d'Kommissioun. Voilà! Dat heescht, ech mengen, mir kéinten eis eng Kéier Gedanke maachen do-riwwer, wéi laang déi Weeër insgesamt dauere fir déi Avisen an eise digitalen Zäitalter.

Merci villmools.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7471. Den Text steet am Document parlementaire 7471⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7471 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet gouf mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7218 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

2° la loi du 1^{er} avril 2015 portant création d'un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg ;

en vue d'instaurer des mesures macroprudentielles portant sur les crédits immobiliers résidentiels

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7218 iwwert d'Habilitatioun vun der Commission de surveillance du secteur financier. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Franz Fayot, den Här François Benoy, den Här Gast Gibéryen, den Här David Wagner, den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wee zum éischten Eegenheem ass laang a verleeft och net ëmmer oui Schwierigkeiten. Dacks wann ee bis mengt, et hätt een dat richtegt fonnt - wuel gemierkt, ech schwätze vum Eegenheem -, zum Beispill en Haus oder en Appartement, dat engem gefält, well et gutt läit a virun allem sech präislech och nach a sengem Budget beweegt, da muss ee sech fir d'éischt emol e Rendez-vous op der Bank huelen, fir ze froen, ob d'Finanzleit dat och esou gesinn.

Well jo, eng Immobilie kafen, dat kascht net nëmme vill Nerven a Gedold, mee eeben och vill Suen. An zu Lëtzebuerg nach méi wéi an anere Länner oder Regiounen.

Ech maache mer hei d'Pult e bësse méi héich.

(Exclamations)

Sou, ech hunn de Knäppche fonnt, pardon!

D'Präisser klammen heiheem rasant. An engem Zenario vun zolitte Präissteigerunge klëmmt an der Reegel och d'Verscheldung vun de Stéit zesumme mam Risiko, dass et zu enger Immobilien-blos kéint kommen, wann d'Banken ze liicht-fankeg Kreditter géife verginn. Deem soll mat dësem Gesetzesprojet entgéintgewierkt ginn.

Dat geschitt, andeems mir d'lwverwaachungs-kommissioun vum Finanzsektor, also d'CSSF, ermächtigen, fir sougenannt „macroprudentiel“ Moossnamen ze huelen am Fall vun Entwécklungen op eise Wunnengsmaart, déi e Risiko fir d'Stabilitéit vun eise nationale Finanzsystem duerstelle kéinten. D'Erfarungen, déi viru gutt zéng Joer no der amerikanescher Subprime-Kris gemaach goufen, hunn d'Finanzwelt jo opgefuerdert, méi virsiichteg ze sinn, wa Kreditter vergi ginn.

De Gesetzesprojet gesäit zudeem en Zougangsrecht fir d'Zentralbank zu gruppéierten Informatiounen vir, déi bei de staatleche Verwaltungen, den Établissements publics, déi net ënner d'lwverwaachung vun de Gemenge falen, oder anere staatleche kompetenten Autoritéite gesammelt kënnen ginn, virausgesat, dass dës Informatiounen fir Fuerschungs- an Analysaktivitéiten noutwendeg sinn, dass a Verbindung mat der Aarbecht vum Komitee vum systemesche Risiko.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eent sief vu vir- era kloergestallt: Dëse Gesetzesprojet gesäit Moossname vir, déi nëmme dann agesat kënnen ginn, wann et zu enger Gefor fir d'Stabilitéit vum Lëtzebuerges Finanzsystem kéim, dat well, fir et richt eraus ze soen, d'Präisent-wécklung um nationalen Immobiliemaart bedenklech Ausmoosse kréich an d'Stéit be-zéiungsweis d'Privatpersounen géife risquéieren, d'Schold, déi se sech opgelueden hunn, net méi zréckbezuelen ze kënnen. Et kann een a priori ni d'Entwécklung vun enger Immobilien-blos ausschleissen an et geet hei drëm, dësen

Zenario ze anticipéieren oder, anescht gesot, dësem preventiv ze begéinen.

Den neien Artikel 59-14bis vum modifizéierte Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanz-sektor, also dem LSF-Gesetz, gëtt der CSSF d'Pouvoiren, fir Konditiounen festzesetzen, no deenen d'Bankhaier Kreditter fir Immobilie verginn, déi fir residentiel Zwecker genotzt ginn an déi um Lëtzebuerges Territorium instal-léiert sinn.

Nieft de Finanzinstituter falen och d'Assu-rancégesellschaften an all déi Professionell, déi Prête verginn, drënner.

Am Kader vun hire Missiounen kann d'CSSF ver-schidden Exigenze formuléieren. Ech ziele se kuerz op:

1. Si kann eng maximal Grenz fixéiere fir de Rapport tëschent engersäits der Zomm vun alle Prête oder Tranché vu Prête, déi ee be-stëmmte Bien immobilier de Moment vum Montage vun engem Prêt betreffen, an aner-säits dem Wäert vun dësem Bien zu deem selwechte Moment. Wann d'CSSF eng maximal Grenz fir dëse Rapport definéiert, dann hält se eng Forschett fest, déi tëschent 75 % an 100 % läit.

2. D'CSSF kann eng maximal Grenz definéiere fir de Rapport tëschent der Zomm vun alle Prête oder Tranché vu Prête, déi ee be-stëmmte Bien immobilier de Moment vum Montage vun engem Prêt betreffen, an aner-säits dem järeleche Gesamt-revenu, deen deem, dee Sue léine wëllt, zu deem Moment zur Ver-fügung steet. Wann d'CSSF eng maximal Limitt fir dëse Rapport, dëse Ratio definéiert, dann hält se eng Forschett fest, déi tëschent 400 % an 1.200 % läit.

3. D'lwverwaachungskommissioun vum Fi-nanzsektor kann och eng maximal Grenz defi-néiere fir de Rapport tëschent der Gesamtver-scheldung vun deem, dee Sue géleint kritt, um Moment vum Montage vum Prêt, an deem sengem gesamte Jores-revenu, deen him zur Verfügung steet. Wann d'CSSF eng maximal Li-mitt fir dëse Rapport definéiert, dann hält se eng Forschett fest, déi tëschent 400 % an 1.200 % läit.

4. D'CSSF definéiert eng maximal Limitt fir de Rapport tëschent de järeleche Gesamtchargen, déi mam Emprunt zesummenhänken, an dem gesamte Jores-revenu, deen deem, dee Sue ge-léint kritt, zur Verfügung steet. Wann d'CSSF eng maximal Limitt fir dëse Rapport definéiert, dann hält se eng Forschett fest, déi tëschent 35 % a 75 % läit.

5. A leschtens, e fënneft Instrument vun der CSSF betrëfft déi maximal Limitt fir d'Dauer vum Emprunt. Hei hält d'lwverwaachungs-kommissioun vum Finanzsektor en Intervall fest, deen tëschent 20 a 35 Joer fixéiert ass.

Et sief drun erënnert, dass all dës Moossnamen entweeder eleng oder zu puer mateneen appli-zéiert kënnen ginn. Si kënnen entweeder all d'Kreditter oder nëmme en Deel vum Mon-tant vun den neie Kreditter viséieren.

Wichteg ass ze soen, dass dës Mesurë sech awer net op besteeënd Kreditverträge appli-zéiere kënnen. Vu dass den Impakt vun dëse Moossnamen net ze ënnerschätzen ass, souwuel um wirtschaftleche wéi och um sozia-len nationale Plang, gesäit dëse Projet vir, dass d'Pouvoiren, déi der CSSF accordéiert ginn, an engem strengen Entscheidungskader geholl ginn.

Engersäits kann d'CSSF dës Moossnamen nëm-men huelen, wa keng aner Mesure op Base vum Gesetz iwwert de Finanzsektor a vum Re-glement 575/2013 vun der Europäescher Unioun kapabel wier, fir d'Risiko fir eisen natio-nale Finanzsystem ofzeschätzen.

Anerersäits kann d'CSSF nëmme dann agéie-ren, wa si sech op eng Recommandatioun ba-séiere kann, déi de Komitee vum Risque sys-témique ugeholl huet. Wann deem esou ass, dann entscheet d'CSSF iwwert d'Emsetzung vun dëse Moossnamen, nodeems si sech mat der Zentralbank konzertéiert, also ofgeschwat huet. Doriwwer eraus muss d'CSSF och mam Kommissariat vun den Assurancé geschwat hunn, wann de Versécherungssektor sollt be-traff sinn.

De macroprudentiellen Dispositif gëtt do-riwwer eraus duerch den neien Artikel 59-14ter ergänzt, deen explizitt d'Méiglecheit fir d'CSSF virgesäit, fir déi national Autoritéiten an anere Memberstaaten ze froen, eventuell Be-dingungen unzëerkennen, déi fixéiert ginn am Kader vum Octroi vu Kreditter, déi mat Immo-bilien ze dinn hunn, déi hei zu Lëtzebuerg si-tuéiert sinn. Dat géllt natierlech och ëmgedréit.

Des Weidere kritt d'Zentralbank en Zou-gangsrecht op wichteg Informatiounen, déi ge-bündelt sinn an déi et erlaben, fir Risiken, déi am Finanzsektor optauche kënnen, esou séier wéi méiglech ze identifizéieren. Dat kënnen

souwuel sektoriell wéi och méi breet gestreete Risiko sinn.

Här President, ech kommen zu den Avisen. Fir d'éischt wëll ech den Avis vum Staatsrot eraus-gräifen. Déi héich Kierperschaft hat verlaangt, dass d'Interventioun vun der CSSF duerch Ge-setz soll encadréiert, ëmrummt ginn. Si huet och gefrot, dass d'Auteurs vum Gesetzesprojet mat Prezisioun den normative Kader, an deem d'CSSF agéiere kann, beschreiwe sollten, fir esou den Handlungsspillraum vun der lwver-waachungsinstitutioun vum Finanzsektor ze definéieren. A sengem zousätzlechen Avis vum 8. Oktober 2019 war de Staatsrot mam Regie-rungsamendement averstanen, soudatt déi for-mell Oppositioun konnt opgehewe ginn.

Während d'Salariatskummer dem Projet éischter favorabel geséint ass, huet d'Handelskummer dogéint gemengt, et sollt een d'Risiken net iwwerdreiwen an all lwverreglementéierung versichen ze vermeiden. D'Handelskummer ass dann och der Meinung, et sollt ee sech priori-tär mat de strukturelle Problemer um Wun-nengsmaart beschäftegen, déi jo zum Ongläichgewicht tëschent Offer an Nofro ge-fouert hätten.

D'Zentralbank begréisst hirersäits de Projet, ze-mools well dës en erlaabt, mat der néideger Flexibilitéit a Gewichtung op d'Risiken, déi de Finanzsektor am spezielle betreffen, ze rea-géieren.

D'Handwierkerkummer approuvéiert de Projet och, ass awer der Meinung, dass eng méi res-riktiv Approche bei der Verdeelung vu Kredit-ter d'Haushalter direkt bestrooft an hir De-mande zréckstutzt, wat sech natierlech negativ op de Bankesektor auswierke kéint. Grad wéi d'Handelskummer ass och si der lwverzee-gung, dass een de Problem nëmme iwwer eng méi staark Offer vu Logementen léise kann, also net nëmme mat sougenannte macropru-dentielle Moossnamen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Ech wëll dann och zum Schluss net verheemlechen, dass mir als Finanzkommissioun de Ministère gebieden haten, eis e puer Fallbeispiller ze ën-nerbreeden, fir eis ze verdäitlechen, wat fir Montanten ënner bestëmmten Hypothese kënnen géleint ginn. Dat ass och geschitt. Mir hunn awer festgestallt, dass d'Revenuen, déi an der Simulatioun als Referenz geholl goufen, duerschnëttlech Jores-revenue sinn, souge-nannt „revenus annuels moyens“. Eenzel Mem-beren hunn dat als net realistesch agestuuft a gemengt, déi Revenue wieren ze héich. Anerer hu sech gefrot, wat eigentlech genee ënnert dëser Notioun ze verstoen ass.

Ech denken, dass den Här Finanzminister eis herno erkläre wäert, firwat de Ministère vu sou-genannten duerschnëttleche Joresgehälter an de Simulatiounen ausgaangen ass.

Fir all weideren Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht. Dat gesot, léif Kollee-ginnen a Kolleegen, soen ech Iech härezech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och hei-mat den Accord vu menger Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här Pre-sident. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem honorabelen André Bauler Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Bericht. Hien huet dat och an deem Toun virgedroen, wéi wann et sech hei éischter géif ëm en harm-lose Projet handelen. Mee wann een den Detail awer kuckt, mengen ech, dann huet dee Projet et trotzdem a sech.

Sënn an Zweck vun dësem Gesetzesprojet ass et eigentlech, der Bankenopsicht, der CSSF, Pouvoiren ze ginn, also Befugnisser, fir dass si kann d'Konditiounen festleeën, wéi an Zukunft d'Privatleit nach kënnen Immobilienkreditter bei Banke kréien. An dëst soll am Sënn vun enger verbesserter Stabilitéit vun dem Lëtzebuerges Finanz- a Bankesystem geschéien, fir déi län-gerfristeg ze garantéieren.

Den zweete Punkt vun dësem Gesetzesprojet, dass ass deen, fir eiser Zentralbank Zougang ze ginn ënner anonymiséierter oder pseudonymi-séierter Form zu Daten, déi entweeder de Staat, Verwaltungen, Servicer oder souguer Ge-mengen hunn, fir hirer Analysen- a Recherchen-aufgab, déi d'Zentralbank gesetzlech huet als onofhängeg Institutioun, kënnen nozogen.

Le saviez-VOUS ?

AMENDEMENT

Un amendement est une proposition qui émane soit du Gouvernement soit d'un député et qui vise à modifier un projet de loi ou une proposition de loi lors de son examen en commission ou en séance plénière.



Wann een dem Rapporteur nolauscht, da wier dee Projet hei eng gutt Saach. Eng gutt Saach ass sécher, Dir Dammen an Dir Hären, dass een der Zentralbank erweidert Pouvoir gëtt. D'Zentralbank huet eng enorm Kompetenz am Land. An ech mengen, mir wiere gutt beroden, dass een ëmmer hire Statut als onofhängeg Institution géif respektéieren, mee dass mer, souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber, se verdéift géifen zu Rot zéien, fir d'Evolution an och d'Appreciation vu Finanz- a Budgets- respektiv Wirtschaftspolitik kënne besser anzeschätzen.

Woumat mer als CSV also kee Problem hunn, dat ass, der Zentralbank erweidert Pouvoir ze ginn. Mee wou mer awer méi eng nuanzéiert Positioun hunn als CSV, an ech wëll dat och kloer an d'itlech soen, dat ass, fir der CSSF, der Bankenopsicht, erweidert Befugnisser ze ginn, déi dora bestoe sollen, fir Krittäre kënne festzeleeën, wéi an ënner wat fir enger Form an Zukunft Privatstéit nach kënne Immobiliekreditter bei Banke kréien.

Firwat? Wann een den Detail vun dem Gesetzesprojet kuckt, da gesäit een, dass deen et a sech huet, an zweetens, wann ee virun allem déi Informatiounen respektiv déi Explikatiounen oder Netexplikatiounen matkritt, déi an der Finanzkommission gelléiert goufen.

Wéi dréckt sech de Pouvoir vun der CSSF aus? Ma den André Bauler huet et gesot, effektiv ka si e Verhältnis festleeën tëschent dem Montant vun engem Prêt, deen e Privatstot nach ka kréien, an dem Wäert vun der Immobilie. An dee soll tëschent 75 % an 100 % leien.

En zweete Krittär ass deen: d'Verhältnis tëschent dem Revenu disponible - ech kommen do nach drop zrëck - vun engem Stot oder enger Privatpersoun par rapport zum Montant vun dem Prêt. Revenu disponible, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass net de Bruttoloun, dat ass net ...

► **Une voix.** - An och net den Nettoloun.

► **M. Gilles Roth** (CSV). - An et ass och net den Nettoloun. Well de Revenu disponible, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass de Bruttoloun, wou een ofzitt d'Cotisations sociales, wou een ofzitt d'Charges sociales, dat heescht d'Steieren an all aner Taxen a rekurrent Ausgaben, déi een als Stot oder Privatpersoun huet. Ech zielen emol eng op: zum Beispill d'Alimentepensioun. A wann zwee vun dräi Mariagen an d'Bréch ginn, jo, déi Alimentepensioun muss bezuelt ginn, déi gëtt och nach vun dem Revenu ofgezunn, bis dass een op de Revenu disponible kënnt, well et jo eng rekurrent a gesetzlech respektiv gerichtlech festgeluecht Charge ass.

Huele mer dann zum Beispill e Stot mat 50.000 Euro - 50.000 Euro! - Revenu disponible pro Joer. Mee dee léint nach hei tëschent 4- an 12-mol déi 50.000 Euro, dat heescht, dee kritt nach e Kreditt op 20 oder 30 Joer vu genau 200.000 Euro bis maximal 600.000 Euro, mat engem Revenu disponible - disponible! - vu 50.000 Euro pro Joer.

Dann ass e weidere Krittär d'Verhältnis tëschent deem Deel, deen een als Mensualitéit, dat heescht als Remboursementszëns plus -kapital, muss de Mount bezuelen op seng Schold, par rapport zu dem Revenu disponible. Da kënnt Der lech et ausrechnen, mee ech kommen herno nach dorobber.

An en drëtten Krittär ass dee vun der Dauer vun dem Prêt, déi d'CSSF ka festleeën tëschent 20 a 35 Joer.

Dir Dammen an Dir Hären, wat dat konkret heescht - ech hat elo en Usaz -, dat krute mer an der Finanzkommission op Nofro erkläert. A mir kruten och Informationsmaterial, woufir ech dem President ausdrécklech Merci soen.

Mee wéi mer dat Informationsmaterial e Freideg virun aacht Deeg kruten a mir dat de leschte Méindeg virun aacht Deeg an der Finanzkommission gekuckt hunn, do muss ech soen, du sinn eis awer d'Aen opgaange wéi Gënzschicken, an net nëmmen eis vun der CSV, mee ech mengen och enger ganzer Rësch aneren Deputéierte vun anere Fraktiounen.

An dat, wat fir eis e bëssen och symptomatesch war, dat ass Follgendes: Wéi de Gesetzesprojet plus d'Amendement presentéiert goufen, du war d'Regierung mat dem Minister - deem mer ausdrécklech Merci soen - a mat net manner - nun haalt lech gutt un! - wéi eelef Beamten an der Finanzkommission opgetrueden. Mir hatten an deene grëssere Säll bal keng Plaz méi als Deputéiert. Abee, wéi den André Bauler eis dat Zuelematerial hei dann ausgehändegt huett, du war an der Finanzkommission kee

Beamte méi, kee Beamte méi! A mir hätte jo awer eng sëllege Froe gehat. Ma da musse mer se eeben haut stellen. An ech mengen, d'Éierlechkeet vum André Bauler hat eigentlech och säi Schlag, nämlech wat huet e gesot: „Jo, ech hat gefrot, et sollt ee kommen, mee et ass haut keen do.“

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, an da kucke mer emol, wat alles do ausgedeelt gouf, an déi Hypotheken, wou de Ministère, wou déi zoustänneg Instanzen dann hir Berechnungen maachen. Kuckt emol e Prêt, 30 Joer, 10 % Éegebendelegung a maximal Charge de remboursement de Mount vu 40 %. Ech nennen lech elo emol d'Zuelen, da kënne d'Leit dobaussen, déi dat hei kucken, an den Altersheimer an doriwwer eraus, sech emol e Bild maachen, wat dat konkreet heescht.

(**Interruption**)

Jo, jo. Eng Persoun eleng, schaffend an der Administration publique oder an dem Enseignement, do geet een aus - nun haalt lech gutt un! - vun engem Loun, netto Revenu disponible - also wat nach manner ass wéi den Nettoloun - bei enger Persoun vu 4.693 Euro de Mount. Déi Persoun, déi ka maximal bezuelen 1.877 Euro Mensualitéit. Si kritt geléint: 507.000 Euro, virausgesat dass se, wa se de Prêt mécht, nach 50.000 Euro schonns direkt - also zwou Milliounen där aler Lëtzeburger Frang - als Fonds propres huet.

► **M. Guy Arendt** (DP). - Deelt et aus!

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Dat war eng Persoun. Elo komme mer emol bei de Stot. Do ass eis och gesot ginn, awer fälschlecherweis, jo, do wiere jo dann zwee Revenuen. Nee, an dem Tablo do steet, dat wier « simulation de crédit pour un couple imposé collectivement, sans enfants ». « Imposé collectivement, sans enfants », Dir Dammen an Dir Hären, dat heescht net, dass zwee Léin do sinn, mee dat heescht dem Artikel 3 iwwert d'Steieren no, dass ee steierlech zesumme veranlaagt gëtt, dat heescht, dat ass, wann ee bestuet ass oder wann ee gepacst ass, ob dat een oder zwee Léin sinn.

An da kucke mer d'Situatioun emol do, déi, wéi gesot, hei op offiziellem Pabeier schwaarz op wäiss zur Veranschaulichung virgeluecht gouf, zu wat dass hei d'Chamber opgeruff ass, hir Zoustëmmung ze ginn. Simulatioun: Enseignement, 9.543 Euro netto Revenu disponible de Mount. Mensualité maximal d'emprunt: 3.817 Euro. Maximalen Emprunt, deen Der kënnt huelen: 1.032.000 Euro, virausgesat, Dir hutt dës Kéier als Stot, bestuet oder gepacst, 103.000 Euro Fonds propres, wann Der de Prêt macht. Well et ass nämlech dat, wat d'Bank kuckt. Ech mengen, déi meescht heibannen hunn eng Kéier en Immobiliekredit gemaach, an da wësse se, dass d'Bank net kuckt, wat Der iergendwann eng Kéier an enger Karriär verdéngt, mee dass se kuckt, wat Der dee Moment hutt, wou Dir Äre Prêt macht.

Dir Dammen an Dir Hären, fir lech d'Situatioun vun enger gepacster Koppel mat 9.543 Euro netto ... Et sinn net zwee Enseignanten, wa se de Prêt maachen, déi deen dote Montant netto hunn, well deem zweete säi Bruttorevenu, mat Sécurité sociale a Charges fiscales, kënnt Der fir netto zur Hallschent huelen.

Mee fir lech emol eng Kéier ze soen, vu wat fir enge Posten dass een hei ausget: 9.543 Euro netto. Fir alleguerten déi, déi esou e groussen Usproch hunn, eng Kéier Staatssekretär ze ginn: E Staatssekretär an der Steuerklasse 2, dee kënnt ouni Representationsindemnitéit net op de Montant vun 9.543 Euro netto. Dat kënnt Der lech alleguerten norechnen. Dat heescht, an et ass jo do, wou d'Kromm an der Heck bei deem Gesetzprojet läit, hei sinn déi Krittären, déi virloochen, wéi dese Gesetzesprojet ausgeschafft ginn ass.

Elo wëll ech lech dann emol soen, par rapport zu wat dass een dat jo da muss a Verglach setzen, nämlech der Uschafung vun enger Immobilie. An ech hu mech dann ameséiert oder mer erlaabt, fir op engem grouse Site vun Immobilienannoncen - ech nennen da keen Numm heivunner, mee dee fannt Der, et ass, wéi wann Der „doheem“ op Englesch schreift, an da setzt Der nach „lu“ hannendrun -, ...

(**Hilarité**)

Jo, do hunn ech dann emol gekuckt ...

(**Interruption**)

Jo, do hunn ech dann emol gekuckt, wat an enger Gemeng, déi ech awer mengen, e bësse gutt ze kennen, well ech d'Chance hunn, do Buergermeeschter ze sinn, wat dann do esou en Appartement kascht. An et gi Plazen am Land, wou et méi bëlle ass, mee et ginn awer och nach vill Plazen am Land, wou et méi deier ass. Abee, en Appartement, Dir Dammen an Dir Hären, vu 66 Meterkaree an där Gemeng, dat steet op dem Site - Dir kënnt dat nokucken - veruschlaagt mat 642.000 Euro!

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP). - Dat ass awer en deiert Appartement! Da misst Der awer vill ...

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Jo, jo. En Appartement vu 95 Meterkaree, dat ass keng Gewan, veruschlaagt mat 830.000 Euro. Jo, jo! An da steet ... Dir kënnt dat elo an d'Lächerlecht zéien ...

(**Interruptions**)

Mee da lauscht emol no! Dat ass de Präis, deen an der Immobilienannonce steet, well do steet net dran ... Do steet dran, dass et mat 3 % TVA veruschlaagt ass, wat eigentlech falsch ass a wou misst vun der Regierung legiferéiert ginn, dass esou Annoncen net dierften op e Site kommen, well nämlech déi 3 % TVA, déi spille bis zu engem Bau vun 357.000 Euro, an doriwwer eraus bezuelt Der net 3 % TVA, mee Dir bezuelt 17 % TVA!

► **Une voix.** - Firwat eigentlech?

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Jo, 17 % TVA!

An Dir wësst alleguerten, Dir Dammen an Dir Hären heibannen: Fir 357.000 Euro Bau kritt Der net ganz vill, an dat vun der Wemphaart iwwert d'Stad bis donidden op Mondorf!

Well bei déi Chifferen, déi ech lech elo hei genannt hunn a wéi se an den Annoncé stinn, do muss Der nach derbäiziele, éischstens emol de Präis vun enger Kichen, déi ass nämlech an deene meeschte Fäll net dran, de Präis vun dem Akt, d'Fraise vum Nottär plus d'Enregistrementskäschten. Dir musst derbäiziele d'TVA op deem Ganzen, an da komme locker bei déi 830.000 Euro, déi ech lech gesot hunn, schon eleng 50.000 Euro TVA dobäi, wann net méi, plus sämtlech Supplementen.

An Dir musst jo awer net mengen, wann Der en Appartement kaaft, dass Der net nach iergendwou emol eng Steckdous geschweig Geliits musst derbäimaachen, niewent allen anere Supplementen, fir dass Der ... Dir kënnt jo net op dem Buedem schlofen, also derneient muss Der dat Appartement och nach emol ariichten, alles mat 17 % TVA!

Wann een déi zwou Saache beieneeleet, jo, zu wat komme mer dann zum Schluss? Ech hunn lech virdu gesot: Eng Persoun, déi kritt mat engem Nettoloun vu 4.693 Euro - Nettoloun! -, pourvu dass se nach 50.000 Euro derbäi huet als Fonds propres, kaum fir en Appartement vu 66 Meterkaree geléint. An eng Koppel respektiv de Staatssekretär - an de Rapport war jo Staatssekretär -, dee ka sech mat deenen heite Krittären nach knapps en Appartement vu 95 Meterkaree leeschten!

Dir Dammen an Dir Hären, mir kënne dat do alles an d'Lächerlecht zéien. Mee wa mer och nach zwee Enseignanten huelen, déi herno och nach vläicht Kanner kréien, da sëtzen déi an engem Appartement vu 95 Meterkaree, wat se kënne beléinen. Do sinn zwee Zëmmeren dran. Abee, wann d'Kanner d'Hausaufgabe maachen, da maache se déi zu zwee an hirem Zëmmer, an déi zwee Enseignanten, déi verbesseren d'Prüfungen an der Kichen oder op dem Livingsdësch!

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, wann een dat esou widdereneesetzt, dann ass dat eng Failliteerklärung vun der Lëtzeburger Logementspolitik. An dat droe mir als CSV sécherlech net mat!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV). - Et kann ee bei all Gesetz Virsicht walte loosse. Et kann ee säi Gewëssen an och vläicht anere Leit hiert Gewëssen administrativ berouegen. Mee et muss een awer och der Realitéit vun dem Terrain Rechnung droen! Mir maachen net Gesetzer fir Finanzsystemer, mir maache Gesetzer fir d'Leit.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV). - An et kann net sinn, dass herno d'Leit dobaussen déi Leidtragend sinn! Et ass dach awer e bësse kokass, dass virun de Walen fraktiounsiwwergräifend jiddweree seet: „Mir müssen de Mëttestandsbockel offlaachen“, wat d'Leit och ëmmer drënner verstinn.

Et ass richtig, dass fir de Mëttestand d'Steiere sollen erfoegen, mee grad an der Logementspolitik, Dir Dammen an Dir Hären, mussen mer awer net de Mëttestand, d'Mëttesticht vun de Leit derzou forcieren, dass se virun de Banken de Bockel mussen maachen, Bücklinge maachen, fir dass se iwwerhaupt e Kreditt kënnen opgehoill kréien!

A mir wëllen als CSV, dass och d'Mëttesticht, Dir Dammen an Dir Hären, grad beim Wunnengsbau net am Ree stoe gelooss gëtt!

Mir hätte gärden duerfir keng Alibigarantië vun Staat, mee mir hätte gärden Alltagsgarantië fir d'Leit. Well wa mer dat net maachen, da ris-

kiere mer zu Lëtzebuerg, wou mer de Moment eng Cohésion sociale hunn, dass déi Mëttesticht sech op eemol eng Kéier verbreedert an esou staark verbreedert, dass déi och eng Kéier wéi op anere Plazen op d'Strooss geet, an dann hu mer eppes, wat jiddwereen heibannen an enger Staatsverantwortung sech sécherlech net wënscht!

Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir eis als CSV duerfir total onverständlech, dass dee Gesetzesprojet hei reegelrecht iwwert de Knéi gebrach ginn ass. No deenen Diskussiounen, déi mer Enn September an der Finanzkommission hatten, a vu dass kee Besoin urgent do ass, hätte mir eis gewënscht, an dat war och d'Fuerderung vun deenen eenzelne Fraktiounen, dass een dee Projet hei mat all senger Konsequenzen am Detail analyséiert hätt an der zoustänneger Kommission. An et hätt ee virun allem analyséiert dat, wat d'Handelskummer, also d'Chambre de Commerce, dat, wat d'Handwerkskummer, also d'Chambre des Métiers, déi awer Weesentlech dobausse representéieren, wat déi an hiren Avice stoen hatten!

A wat hate se do stoen? Här Gramegna, Dir hutt elo dee Pech, mee Dir waart grad fréier den Direkter vun der Chambre de Commerce.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Dat ass kee Pech!

(**Interruption**)

► **M. Gilles Roth** (CSV). - D'Chambre de Commerce, also Äre fréiere Patron, wat huet déi gesot? Ma déi huet gesot: „Et muss een d'Verhältnismëssigkeit vun deene Moosnamen iwwerpräiwen.“ D'Chambre de Commerce grad ewéi d'Chambre des Métiers hu gesot: „Et dierf een d'Risiken net iwwerdreien. An et muss een d'Realitéit“, an dat ass dat, wat wichteg ass, „et muss een d'Realitéit vun dem Lëtzeburger Immobiliemarkt am Sënn vun de Bierger“, fir déi mer gewielt sinn a fir deenen hir Interesse mer hei sollten astoen, „kucken!“

A wat ass d'Realitéit? Mee d'Realitéit, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass déi, dass zu Lëtzebuerg - a Gott sei Dank! - eis Bankewelt a virun allem déi systemsch Lëtzeburger Banken, fir se dann emol eng Kéier op der Chamberstribün ze nennen: d'Spuerkees, d'Banque Générale, d'Dexia, also déi jëtzege BIL, d'Raiffeisenbank, dass déi e ganz heijen Undeel, Gott sei Dank, vun Eegekaptal hunn.

Déi gesamt Lëtzeburger Banken, déi hunn e Ratio „Tier 1“. Fir dat vereinfacht duerstellen: Dat ass d'Verhältnis tëschent den Egemëttele vun enger Bank an de Risiken, dat heescht den Expositiounen, déi se huet. Dat läit zu Lëtzebuerg bei 25 %, an der Europäescher Unioun bei 16 %.

Dann ass et souguer den FMI, dee jo oft beméit gëtt, deen a sengen Avice mat Recht seet: Mir hunn héich Immobilienpräisser, mee déi Lëtzeburger Bankewelt, déi ass esou opgestallt, dass och souguer bei engem Choc immobilier an engem Credit Default, dat heescht, wann d'Leit net méi hir Präten, Immobilieprête kënten zrëckbezuelen, respektiv wann eng Chute, dat heescht, wann e Fall vun den Immobilienpräisser géif kommen an doduerch vläicht d'Garantien oder d'Hypotheken net méi géife goen, dass dann déi Banken esou engem Immobilienchock ouni Problem kënne widderstoen.

Zweetens, zënter 2000 bis 2017 ass et richtig, dass sech d'Verschëldung vun de Stéit ëm 3,8-mol an d'Luucht geschrafft huet. Mee an der Géigepartie hunn och d'Aktiva, dat heescht déi finanziell Mëttele vun de Stéit, sech ëm 3,6-mol vergréissert. Firwat? Dat sinn d'Lourentwécklungen, dat sinn d'Indextranchen, dat sinn all aner Ressourcen, déi déi nammleche Stéit hunn.

An eng drëtt Realitéit an deem Kontext ass déi: Contrairement zum Ufank vun den 2000er Joren, wou d'Zënsen bei 4 %-5 % louchen - fir deemools war dat nach relativ gemäassegt -, sinn d'Zësen haut vill méi niddreg. An deemools gouf et Taux-variabelen. Déi mannte Leit hu sengerzäit - wéi an Däitschland - Taux-fixé gemaach, mee déi hunn en Taux variable geholl. An hautdesdaags ginn déi Leit, déi zënter deene leschte véier, fënnel Joer Präten ofschléissen, méirendeels op den Taux fixe. An deen Taux, deen ass oft ënner 2 %, dat heescht, dee läit wäit ënnert deenen Tauxen vun Immobiliekreditter, wéi se waren an de Joren 2000 bis 2010. Dat heescht, de Risiko fir déi eenzel Persoun, deen ass och an deem Sënn vermindert, well e genau weess, dass e während zéng, föfzéng Joer a vläicht heiansdo souguer weider, weess, dass seng Mensualitéit, déi en de Mount zrëckbezuelen huet, net an d'Luucht geet. An e ka sech awer erwaarden, dass bei gläichbleiwender Aarbechtssituatioun säi Loun dach an d'Luucht geet.

An da gëtt oft dat Wuert geholl vun der sougenannter „bulle immobilière“, also der Immo-



lieblos. Mee och do gëtt et eng Äntwert. An d'Chambre de Commerce mentionéiert dat! D'Chambre de Commerce seet zu Recht: „Mir hunn héich Immobiliepräisser, mee net bedéngt duerch eng Immobiliebloos, mee virun allem duerch e strukturelle Problem.“

An dee strukturelle Problem, ob mer dee wëlen oder net, heiansdo wëlle mer och, dass mer en hunn, well soss kéint eis Wirtschaft - an de Finanzminister néckt - a géif eis Wirtschaft iwwerhaupt net op deem Niveau dréien an et géifen och net déi Steuerrecetten an aner Recetté generéiert ginn! Mir hunn all Joers tëschent 12.000, 13.000, alt 14.000 nei Leit, déi op Lëtzebuerg wunne kommen. Mee et ass jo kloer: Wa mir 14.000 Leit hunn, déi op Lëtzebuerg wunne kommen, a mir hunn net eng Offer vu Logementer, déi deem ugepasst ass, jo, dann ass et ganz kloer, dass nom Gesetz vun Angebot und Nachfrage d'Präisser an d'Luucht ginn. Dat heescht, déi héich Immobiliepräisser sinn zu engem groussen Deel do duerch bedéngt, dass et e strukturelle Problem gëtt, nämlech, dass d'Offer u Logementer net der Nofro no Logementer nokënn.

Véierte Punkt: Ech hu gesot, et ass keng Urgence, fir onbedéngt ze handelen. Et ass net eng europäesch Direktiv, déi mir hei ëmsetzen. Nee, et si Krittären, déi et de Moment an 10 vun 28 europäesche Länner gëtt, ënnert där enger oder anerer Form, a virun allem an nordeische Länner, nordeische skandinavesche Länner. Et gëtt keng europäesch Verflichtung, fir dat hei zu dësem Moment ze maachen.

A fënneftens, wat ëfters vergiess gëtt: Et gi besteeënd Instrumenter. An ech mengen, dass déi scho ganz richteg hei Risiken um Immobiliemarké respektiv bei de Prête vun de Privatstéit andämmen. Mir hunn hei als Chamber den 23. Juli 2015 e Gesetz gestëmmt, wat d'CSSF derzou opfuert, fir bei de Banken ze kontrolléieren, dass se genuch Coussin hunn, dat heescht, genuch Loft hunn, fir mat eegene Mëttele kënnen Risiken ofzedeecken. Mir hunn 2016 eng Direktiv ëmgesat, zwar mat Verspéidung, mee si ass ëmgesat. Dat ass d'besteeënd Gesetz, nämlech, dass d'Banke verflicht sinn, ier se Immobiliekreditter ginn, d'Solvabilitéit, also d'Kreditwierdegkeet vun hire Clienten ze iwwerpräiwen.

An dat, wat mer am meeschte vermessen, Dir Dammen an Dir Hären, als CSV, dat ass, dass hei iwwert de Knéi gebrach, am Hauruckverfahren e Gesetz soll zur Ofstëmmung kommen, ouni dass eng Impaktetud gemaach gouf, wat dat do fir d'Bankewelt, fir den Immobiliemarké, fir d'Leit a virun allem och fir Handel an Handwierk bedeit.

An an deem Sënn erlaben ech mer, Här President, fir lech eng Motioun ze iwwerreechen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que le projet de loi n° 7218 vise à compléter les outils à disposition des autorités luxembourgeoises en cas de menace pour la stabilité financière du système financier national émanant d'évolutions dans le secteur immobilier luxembourgeois,*

- *constatant que le marché immobilier luxembourgeois souffre avant tout de problèmes structurels, i. e. d'une pénurie de logements face à une demande devenant continuellement plus pressante,*

- *constatant que le projet de loi risque d'aller au-delà de l'objectif affiché et pêche d'un défaut d'évaluation des mesures pouvant être décrétées,*

- *notant qu'il existe à l'heure actuelle déjà divers instruments de régulation macroprudentielle, dont notamment :*

** le pouvoir accordé à la CSSF via la loi du 23 juillet 2015 transposant la directive CRD IV d'imposer à l'ensemble des banques, ou à une partie d'entre elles, des coussins de fonds propres contracycliques et des coussins de sécurité pour le risque systémique,*

** des mesures nationales spécifiques au secteur immobilier, telles que la définition d'un taux de pondération plancher ou d'un taux de pondération augmenté à 75 % lorsque le ratio « loan to value » excède 80 % en fonction des méthodes appliquées par les banques en question ;*

- *déplorant que le champ d'application du projet de loi est circonscrit aux particuliers et aux promoteurs à titre privé,*

- *déplorant qu'il s'ensuit que les promoteurs professionnels risquent de passer à travers les mailles de la réglementation,*

- *considérant que les mesures pouvant être décrétées en application du projet de loi risquent de durcir les conditions d'accès au financement des particuliers,*

- *considérant que les mesures en question risquent encore d'accentuer l'effet d'éviction du marché immobilier luxembourgeois,*

- *considérant que les décisions que la CSSF sera amenée à adopter s'imposent uniquement à des instituts financiers luxembourgeois, à l'exclusion des établissements financiers établis au-delà de nos frontières,*

- *considérant que pourtant les établissements de crédit luxembourgeois comptent parmi les mieux capitalisés en Europe,*

invite le Gouvernement

- *à procéder à une évaluation de l'impact des corridors de financement actuellement déjà appliqués par les établissements financiers luxembourgeois en matière de crédits immobiliers résidentiels,*

- *à évaluer l'impact du nouveau dispositif sur les conditions d'accès au financement pour les particuliers, en y incluant le fait que les promoteurs professionnels en sont exclus,*

- *à intégrer dans cette évaluation l'effet d'éviction des particuliers du marché immobilier autochtone et à proposer des mesures pouvant atténuer ces effets non désirés,*

- *à évaluer l'impact du nouveau dispositif luxembourgeois sur les établissements financiers luxembourgeois.*

(s.) Gilles Roth, Diane Aehm, Léon Gloden, Martine Hansen, Laurent Mosar.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir eis onverständlech, dass et parallel zu dësem Gesetzesprojet keng parallel Moosname gouf vu staatlecher Säit, zum Beispill fir d'Garantie-bançairen, déi de Staat mat ofgëtt, d'Garanties d'État och deementsprechend unzepassen. Wa mir bei engem Staatssekretär 100.000 Euro Eegemëttele verlaangen, wa mer bei engem Jonggesell iwwer 60.000 Euro Eegemëttele verlaangen, fir dass en iwwerhaupt emol kann e Kredit maachen - well dee mécht dee jo fir iwwer 30 Joer net eréischt mat 40, 45 Joer, mee dee kuckt, sech mat 30, 35 Joer eng eegen Immobilie unzeschaffen -, jo, da mussen mer och déi staatlech Garantien an d'Luucht setzen. An net méi spéit wéi de leschte Freideg huet d'Madamm Hansen, eis Fraktiounspräsidentin, zesumme mat dem Här Lies dat och als CSV-Fuerderung kloer an däitlech de Leit gesot.

Zweetens: Dat sinn d'Steierkreditter op der TVA. Ech hunn dat virdru gesot, et gëtt ëmmer dobause fälschlech duergestallt, wéi wann den Immobilietaux 3 % wier bei enger Eegewinnung. Dat ass net richteg! Den Immobilietaux fir 3 %, dee spilt bei engem Bau bis zu 357.000 Euro. Doriwwer bezuelt Der allegueren, allegueren, ob dat d'Kichen ass, ob Der eng Zierleescht macht oder Parquet leet, dat kascht lech 17 % TVA. Jiddwereen, dee gebaut huet oder amgaangen ass ze bauen, dee kann dat novollzéien.

Fir eis als CSV ass et duerfir net normal, dass de Steuerkredit nach ëmmer bei 50.000 Euro fir d'TVA belooss gëtt an dass een deen net, wéi och vun eise Logementspolitische Sprächer, dem Här Lies, des Eftere gefuert - wou mer souguer eng Proposition de loi eragereecht hatten -, an d'Luucht setzt, zum Beispill op 100.000 Euro. Well, Dir Dammen an Dir Hären, et kann dach net sinn, dass mer engersäits kucken, elo de Kredit fir d'Leit anzestammen, an dass zousätzlech de Staat bei héijen Immobiliepräisser nach matverdénkt, andeem en TVA dropsetzt, andeem en de Leit Enregistrementskäschten opbrummt, well de bëlleger Akt 20.000 Euro, deen ass séier erschöpft. An duerfir hu mer och als CSV gefuert, an ech soen dat nach eng Kéier hei op der Chambertribün, dass den Immobiliekredit beim bëlleger Akt vun 20.000 op 50.000 Euro soll an d'Luucht goen.

Et kann net sinn, dass bei souwisou schon deieren Immobiliepräisser de Staat domadder nach kräfteg matverdénkt. Dat fanne mir alles onsozial! An déi Leidtragend, dat sinn d'schaffend Leit dobaussen.

(Interruption)

A virun allem ass dat déi berümt Mëttschicht, déi dann all fënnf Joer eng Kéier virun de Wale chatouilléiert gëtt, an duerno gëtt op Käschte vun der Mëttschicht Politik gemaach.

Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat hei erauskënnt, dat ass u sech eng Failliteerklärung vun der rout-blo-grénger Logementspolitik.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Well wat bleift de gudd Leit dobaussen nach iwwreg? Déi hu mat deem hei nach genau e Choix, jo, e Choix! Mir si „fir de Choix“, jo!

De Premier hat a senger Deklaratioun zu der Lag vun der Natioun ee Saz iwwreg fir de Logementsproblem. Hien huet en net zur Chef-

saach gemaach, dat huet en aneren iwwerlooss, e wäert wuel wësse firwat. Mee de Premier hat eppes gesot, wéi en ugetrueden ass, am Numm vun dëser ganzer Regierung: „Mir wëllen d'Präisspiral um Immobiliemarké brieche.“

Dir Dammen an Dir Hären, d'Konsequenz: 11,4 % pro Joer ginn d'Immobiliepräisser an d'Luucht! A wat bleift de Leit iwwreg? Si hunn den éischte Choix: Si kafen näischt méi, mee se gi lounen. A wa se lounen ginn, da fale se oft rücksichtslosen Immobilienspekulanten an d'Hänn, an d'Gebrauchsanweisung dovun, déi war an engem gudden Reportage am „Tageblatt“ virun zwee Deeg, nämlech de leschte Méideg, nozeliesen.

Well wat ass et? Et si ganz Immobiliefongen, oft net emol Lëtzeburger, mee auslännescher, 1.500 sinn et der am Ganzen un der Zuel. A wat net gutt ass, also wat net geet, dat ass, dass auslännesch Immobiliefongen op Lëtzebuerg kommen an dass déi an der Stad an an de peripheree Gemenge ronderëm net nëmme Residenzen opkafen, mee dass déi ganz Stroossen a souguer ganz Lotissementer opkafen!

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt oft gesot: „Mir maachen Anticumul, well d'Leit hu keng Zäit méi fir an der Stad ... Mee als Buergermeeschter hutt Der trotzdem den Avantage, dass Der emol heiansdo wësst, wat op dem Terrain lass ass. Ech kann lech soen, an enger Gemeng, wou ech d'Chance hunn, Buergermeeschter ze sinn, do ass bei deene mannste Lotissementer - an dat geet net! -, bei deene mannste Lotissementer deejéinegen, deen d'Baugeneemegung ufreet, och deen, deen herno déi eenzel Wunnenge verkeeft. Véier-, fënnemol gëtt de selwechte Projet als ganze Projet verkaaft. Firwat? Majo, bei steigenden Immobiliepräisser, do braucht Der näischt méi ze schaffen! Dir haalt en e Joer an da kuckt Der, dass Der de Buttek verkaaft. A wann Der en an engem Fonds d'investissement spécialisé hutt, da bezuelt Der och nach keng Steieren drop.

Dat heescht, d'Mëttschicht, déi schaffend Leit, déi gi schaffen, fir deier Loyerer ze bezuelen, an déi aner Leit, déi kasséieren déi Suen an a si bezuelen dem Staat kee Su Steieren. An och wann dee Gesetzesprojet 2006 ënner enger schwaarz-rouder Regierung ofdeposéiert gouf, ech mengen, et si gewëssen Derivé geschitt a mir géifen eis eigentlech erwaarden, dass och ënner enger LSAP esou e Gesetzesprojet, fir esou Abusen ze verhënneren, géif ofgeännert ginn.

Zweet Optioun, déi d'Leit hunn: Wat ass déi zweet Optioun?

(Interruption)

Jo?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Roth, erlaabt Der, datt den Här Margue lech eng Fro stellt?

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Hie kann eng Fro stellen, mee wann ech fäerdeg sinn.

Déi zweet Optioun, déi d'Leit hunn, dat ass déi, wat der scho vill maachen: Si ginn an d'Ausland wunnen, mat alle Risiken, déi dat bedeit. D'Leit kafe vläicht do méi bëlleger Wunneng. Mee sot lech, dass, wann en Häerzinfarkt ass - ech hoffen, dass keen dat kritt -, mee wann een do dout ëmfällt an d'Successioun ass net gereegelt, da sinn d'Leit herno oft derzou verflicht a mussen, well se net nokomme mat lerschaftssteieren ze bezuelen, déi am Ausland an direkter Linn weesentlech méi héich si wéi zu Lëtzebuerg, hir Immobilie verkafen, fir kënnen déi Scholden ze decken. Do spilt nämlech net déi Lëtzeburger lerschaftsteuer, mee do spilt eng auslännesch lerschaftsteuer.

An déi drëtt Saach, Dir Dammen an Dir Hären, jo, wat bleift dann nach iwwreg? Wa mer zu Lëtzebuerg keen Zougang méi zum Immobiliemarké ginn, jo, da gi mer an d'Ausland. An do huet den Här Bauler dat elo richteg erkläert: D'CSSF, déi ka Recommandatiounen maachen, fir dass och am Ausland d'Banke sech un déi Krittären halen. An Eieren dat, wat Der gesot hutt, Här Bauler, et steet effektiv an dem Text.

► **Une voix.**- Déi falen ëm!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mee d'Realitéit um Terrain ass awer eng aner. D'Lëtzeburger Gesetz, déi mir an eiser Chamber maachen, vun deene mir mengen, si wieren esou richteg gutt, déi halen zu Stengefort op! Zu Sterpenich ass d'Grenz an zu Arel spille se net méi. Awer rücksichtslos Kreditthändler zu Arel oder iergendwou anescht an der Belsch, an Däitschland, a Frankräich oder ech weess net Gott wou, ...

(Interruption)

... wann déi dat maachen, mee deenen ...

(Interruption)

Déi kennen déi heite Recommandatioun emol net. Da kënnen déi soen: „Ma d'Lëtzeburger

hunn déi Recommandatioun gemaach, mee bei eis an der Belsch“, a Frankräich, an Däitschland, „spillen eis Gesetz, a mir halen eis un déi.“

Zum Ofschloss, Dir Dammen an Dir Hären: Hei ass kräfteg iwwert d'Zil erausgeschoss ginn. Ech mengen, et war ee sech net bewosst, wat dat hei fir déi eenzel Bierger dobaussen an der Praxis heescht. Ech mengen, dass hei d'Regierung mat dësem Gesetzesprojet net nëmme d'Mëttschicht, mee virun allem d'Mëttschicht hei zu Lëtzebuerg sech kann erëm Haiser a Wunnenge leeschten an dass d'Gesellschaft net auserneebrécht. Dat hei ass u sech eng staatlech zertifizéiert - ënner anere mat deenen heiten Dokumenter - Faillite vun dëser Logementspolitik. An esou eppes, Dir Dammen an Dir Hären, dréit d'CSV net mat!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

An elo kënn Der eng Fro stellen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Margue wëllt lech eng Fro stellen.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech wollt lech eng Fro stellen: ob Dir Informatiounen hutt, wi vill spekulativ hei zu Lëtzebuerg investéiert gëtt an de Wunnengsmaart. Ech gräifen zréck op de „Background“ vum leschte Samschdeg, wou gesot ginn ass, dass dat oft - an och vun deenen dräi Parteien, déi do waren, gedeelt ginn ass -, dass dat ëmmer erëm gesot gëtt, dass mer awer ganz weineg konkret - wann iwwerhaupt - Unhaltspunkten hunn, wat dat da mëttlerweil ausmécht.

Ech hunn och ëmmer geduecht, dat wär e grouse Phänomeen, tendenziell eng Gefor fir Lëtzebuerg. Mee wësst Dir méi, wou mer fir de Moment do dru sinn?

Ech soen lech Merci.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech mengen, dat ass eng Fro, déi sech éischter vläicht un d'Verwaltung oder de Minister riicht. Mee ech versichen, lech eng Äntwert ze ginn. Ech soen lech richteraus a mengem Numm, an ech mengen, och am Numm vun der CSV-Fraktioun, dass ee verschidden Dispositiounen aus dem Gesetz vun 2002, vum 30. Juli 2002, „mesures fiscales visant à encourager le marché immobilier“ oder „l'accession au logement“, muss iwwerucken.

Ech weess net, ob et onbedéngt glécklech ass, dass een de Marché locatif ze vill ënnerstëtzt. Well Dir hutt haut, wann Der eng ekonomesch Rechnung maacht, heiansdo besser, Dir kuckt, dass Der lech eppes uschaaft, wat Der verlourt, an Dir gitt bei en anere lounen. Well déi Tauxen, dass ee fënnf oder méi Prozent Rendement op sengem Immeuble huet, dat ass laang erlaanscht. Déi leie bei 3 %, och heiansdo ënner 3 %.

Do, wou een e Geschäft mécht, wann ee sech eppes uschaaft, fir et ze verlounen, dat ass op dem Amortissement. 6 %, dat ass enorm, an Dir setzt Är gesamt Scholdzënsen of. Par contre deen, dee sech en Eegenheim wëllt uschaffen, dee ka weeder Amortissement ofsetzen nach kann e seng integral Scholdelaascht ofsetzen, well déi plafonéiert ass, quité dass d'Regierung an der leschter Steuerreform dee Plaffong an d'Luucht gesat huet.

Ech ginn lech Recht, dass ee muss der Spekulation virgräifen. Ech mengen och, dass een dat Gesetz iwwert d'Fisen, dat heescht d'Fonds d'investissement spécialisés - wou ech nach eng Kéier soen, dass dat ënner engem CSV-geféierte Finanzministère agefuert ginn ass, mee deemools ënner anere Realitéiten - muss iwwerdenken, och am Hibleck op d'Spekulation.

An da mengen ech, Här Margue, mat allem Respekt fir Natur, Protektioun vun dem Patrimoine culturel, wuel wëssend, dass een déi Krittären do muss respektéieren, mee et kënn een net derlaanscht, fir d'Perimeteren ze erweideren, fir méi Bauland ze erschleissen an och virun allem an d'Héicht ze bauen. Well wann ee mengt, dass alles dat, wat an de Perimeteren als Bauland ass, nach fräi bleift, ass dat eng Mär. Well et ass net jiddwereen, dee Bauland an engem Perimeter huet, wat erschoss ass, deen dat och wëllt verkafen. An dat kënn Der dee Moment net als fräi Flächen ugesinn.

Ech soen lech Merci an ech si gespaant op d'Diskussion.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Den Här Bauler huet d'Wuert gefrot gehat.



► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Ech wollt just soen, den Här Roth hat déi Remark gemaach, dass ech an der Kommissioun gesot hunn, ech hätt nogefrot am Finanzministère, ob e Beamte kéim. An ech wollt just soen, dass ech geäntwert kritt hunn. Mir hunn all d'Donnéien ënnerbreet kritt, déi sinn och genee am Pabeier erkläert ginn, a mir ass gesot ginn, mir sollte selwer jugéieren unhand vun deene Fallbeispiller, wéi mer dat appreciëieren.

Wuelgemierkt hu mer eng Diskussioun geféiert iwwert déi Revenus moyens annuels. An do sinn d'Meenungen auserneegaangen. Ech wëll lech just soen: Duerfir si mer jo haut hei am Plenum, fir dat ze diskutëieren.

Dat war just en Ajout, deen ech wollt maachen. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci fir déi Kloerstellung. An da géif ech d'Wuert un den nächsten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Franz Fayot, ginn. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetz gi mer der CSSF als zoustänneger Autoritéit d'Recht, d'Méiglechkeet, verschidde Reegele festzeleeën, wann déi national finanziell Stabilitéit bedrot ass a Relatioun mat eisem Immobiliemaart.

De Rapporteur André Bauler huet dat gutt erkläert. Hien huet déi technesch Mesuren an dësem Gesetz erkläert an ech soen him Merci fir säi Rapport. Dat erméiglecht et mir, mech just op e puer Punkten an dëser Diskussioun ze konzentrëieren.

Eng Angscht, déi ëmgeet an déi elo just en zentrale Punkt war vun der Interventioun vum CSV-Riedner Gilles Roth, ass, dass hei Leit, Normal- bis Mëttelverdénger, „Mëttelschichten“, wéi hien dat genannt huet, duerch dëst Gesetz net méi géifen u genuch Kredit kommen, fir sech eng korrekt Wunneng ze leeschten um Lëtzebuerger Immobiliemaart.

Mir haten dës Diskussioun an der Finanzkommissioun. A wéi gesot, d'Ried vu mengem Virriedner geet genee an déi Richtung. D'Argument ass: Scho mat enger gudder Pai kann ee sech um normale Wunnengsmaart bal näischt méi leeschten. An et gétt sech hei beruff op déi Nott vum Finanzministère, déi mer jo kruten a wou de Gilles Roth extensiv Gebrauch dovunner gemaach huet a senge Rechebeispiller hei an der Chamber.

Et kann een awer hei esou vill Rechnunge maachen, wéi ee wëllt. Dëse Phenomeen ass a Realitéit e Symptom, mee et ass keen Ausléiser, an dass den Accès à la propriété fir déi meescht Mënschen an eisem Land ëmmer méi schwéier gëtt, huet näischt mat Kreditvergab ze dinn, mee eenzeg an eleng mat engem iwwerhëtzen Immobiliemaart.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Mir wäerten de Logementsproblem net léisen, andeem mer d'Konditiounen vun der Kreditvergab, wat d'Akomes vun de Leit, wat d'Gesamtverschëldung, wat de Rapport tëscht dem Wäert vun der Immobilie an dem Prêt ugeet, wat all déi Saachen ugeet, därmoosse lackeren, dass jiddwereen un e Prêt kënn.

Wéi dat ausgeet, dat konnt ee virun zéng Joer observéieren. Den Ausléiser vun der globaler Finanz- a Wirtschaftskris war eng extreem Opweechung vun der Krittare fir d'Kreditvergab, och oft souguer u Leit, déi komplett ouni Revenu waren. Wéi dunnt d'Präisser vun den Haier agebrach sinn an de Ratio „loan to value“ net méi agehale gouf, sinn all déi Prête fäleg ginn an de ganze Marché ass zesummegebrach. A just géint esou Phenomeener soll dëst Gesetz eis schützen.

Wann ee weess, dass den europäesche Comité du risque systémique a senger Alerte vum November 2016 justement op de Risiko vun Iwwerverschëldung vun de Stéit als eng Komponent vum Risiko fir d'Stabilitéit vun eisem Finanzsystem hiweist, dann ass et, Här Roth, dach awer e bëssen onverantwortlech, heimat op eng zimmlech populistesch Aart a Weis Oppositionspolitik ze maachen.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

(**Brouhaha**)

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- An et ass ëmsou méi néideg, esou en Dispositif anzeféieren, an dat ëmsou méi, wann ee weess, dass den Aar-

mutrisiko hei zu Lëtzebuerg ganz enk mat den Ausgabe fir e Prêt, och fir e Loyer fir d'Wunnen, zesummenhängt. Dat soen eis a reegelméissegem Ofstänn de Statec, d'Chambre des Salariés, d'Caritas an nach anerer. An da kann ee soen: „Jo, kommt, mir maachen d'Kreditvalve op, kommt, mir maachen d'Kreditmaachen op, esou wäit et geet! Kommt, mir gi jiddwerengem e Kredit, onlimitéiert, fir dass e sech ka seng 150 Meterkaree zu Mamer kafe mat engem Revenu vu cumuléiert 100.000 Euro d'Joer!“ Dat kann ee soen, mee dat ass an eisen Ae komplett onverantwortlech.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Här President, et ass net esou, an dat ass mäin zweete Punkt, wéi wa mer mat dësem Gesetz automatesch eng Verschäerfung vun de Konditiounen fir d'Kreditvergab géifen hei kréien, contrairement zu deem, wat hei vun der Opposition, vun der grousser Oppositionspartei, gleewe gedoe gëtt. Villméi sinn dës u verschidde streng Bedéngunge gekoppelt an dëst insbesonnesch no den Adaptatiounen, déi zum Gesetz gemaach goufen nom Avis vum Staatsrot, dee jo en ze vill lax Cadrage normatif hei monéiert hat bei dësem Projet de loi.

Éischtens muss eng Recommandatioun vum Comité de risque systémique virleien, wou d'Zentralbank, an déi d'CSV jo esou e grousst Vertrauen huet, eng féierend Roll spillt, fir dass d'CSSF een oder méi vun deene Rationen hei ka fixéieren. Dëst ass en zimmlech restriktiven Dispositif, à tel point, dass déi Europäesch Zentralbank an hirem zweeten Avis vum September 2019 dëse Mécanisme d'activation par ordre de priorité als e méigleche Facteur d'inefficacité ugesäit. Si soen, dat wier e Facteur d'inertie, duerch deen dëst Gesetz méiglecherweis net komplett zum Spille kënn.

Et ass also net esou, wéi wann dëst Gesetz hei eng ganz liicht Méiglechkeet fir d'CSSF géif schafen, fir zousätzlech Mesuren ze fixéieren, déi et de Leit méi schwéier maachen, u Kreditter ze kommen. Et muss och eng Ofspruch virleie mat der Zentralbank a gegebenefalls mam Commissariat aux assurances, wann d'Mesure sech op den Assuranceselector bezitt.

Et muss drëtzens eng Mesure en dernier recours sinn, dat heescht, nëmmen, wa keng aner Mesure prudentielle am Kader vum Gesetz vun 1993 iwwert de Bankeselector hei de selwechten Zweck géif erfëllen.

Et ass also hei beileiwen net, wéi wann d'CSSF hält op Gutdünken zousätzlech Rationen innerhalb vun deene Korridore festsetzen, déi an dësem Gesetz hei festgeluecht ginn, an dass domat den Accès zum Kredit quasi onméiglech géif gemaach ginn.

Här President, et ass ni komplett den Objet vun esou engem Gesetz, mee natierlech huet esou e Gesetz och ëmmer mat eisem Immobiliemarké ze dinn. Dat gëtt an der Debat hei haut de Mëtteg ganz kloer. Ech hat d'Okkasioun, dat schonn ze soen am Kader vun engem anere Gesetz, wat mer am Dezember 2016 hei adoptéiert hunn. Dat war de Projet de loi 7025, mat deem mer eng europäesch Direktiv ëmgesat hunn, och am Beräich vum Schutz vun de Consommateuren am Fall vu Kreditter fir Immobilienbienen, wou mer e bësse méi Transparenz agefouert hunn, wou mer och e Schutz agefouert hunn am Fall vu Résiliation anticipée vu Kreditter.

Ech hat deemools gesot am Kader vun deem Gesetz - et soll ee sech jo ni selwer zitëieren, mee dat maachen ech awer elo trotzdeem -, dass et haut schonn esou ass, an dorun ännert dëst Gesetz näischt, dass e Prêt hei zu Lëtzebuerg elo scho bal e Luxusgutt ass.

Mir schwätzen haut emol net vun deene Leit, déi CDDen hunn, déi a prekäre Situatiounen sinn, fir déi en Accès au crédit, en Accès à la propriété komplett exclu ass. Mir schwätzen hei vun enger ganz limitéierter Bevëlkerung, déi iwwerhaupt nach Accès huet zu engem Crédit bancaire.

An ech mengen, wa mer wierklech wëllen eppes maachen, fir dass d'Leit hei am Land erëm kënnen Propriétaires ginn, mussen mer ganz enzwousch anescht usetze wéi bei der Kreditvergab. Mir müssen usetze bei eisem Logementsmarkt.

Fir eis ass et kloer, dass d'Wunnungskris net ausgeléist gouf an och net weidergedriwwen gëtt duerch de Refus vun de Banken, fir weider Kreditter ze verginn. Neen, d'Wunnungskris gëtt duerch d'Spekulatioun mat dem Bauland an dem Wunraum ausgeléist, déi et primär ze bekämpfe gëllt, fir erëm Wunraum ze schafen, bei deem mir eis net 30 bis 40 Joer iwwerverschëlde müssen.

Mir müssen och eppes fir d'Demande maachen, mee fir déi reell Demanden, net déi spekulativ Demanden. Déi reell Demanden vu Mënschen, déi eng éischt Wunneng hei zu Lëtze-

buerg sichen, deene mussen mer zu enger Wunneng verhëlfen. Déi artificiel Demanden, vun där Dir och geschwat hutt, an domat mengen ech déi spekulativ Demanden, mussen mer au contraire bremsen an net weider ukuerbelen. An déi selwecht Richtung huet den Direkter vun der SNHBM sech ufangs des Mounts an engem RTL-Interview geäussert, wou hien och sot, dass mir eppes géint déi artificiel finanziell Demanden mussen maachen.

A wa mer effektiv en Taux de croissance vun 11 % hunn iwwert déi lescht zwee Joer op eisem Immobiliemarké, wann ee mat de Chereuren zum Beispill vum LISER schwätzt, dann huet dat och eppes mat deene finanziellen Investissementen an eisem Wunnengsmaart ze dinn. Dann huet dat domat ze dinn, dass mer e Steiersystem hunn - an Dir hutt e beschriwwen, den Amortissement accéléré, d'Ofsetze vun den Zësen -, e Steiersystem, dee justement déi finanziell Investissementen an eisem Wunnengsmaart nach verschäerft an deen esou d'Präisser ukuerbelt a se zu deenen Niveaue bréngt, op deene se elo sinn.

Mir kënnen net op där enger Säit verlaangen, dass mer den Accès à la propriété, dass mer den Accès au logement wëlle weiderbréngen, an dann op där anerer Säit e Steiersystem hunn, dee genee de Contraire mécht an deen au contraire den Investissement, de spekulativen Investissement an eise Wunraum ukuerbelt.

Dat ass eng Fro vun der Kohärenz vun eise Politicken. Mir kënnen net all Dag priedegen, mir wëilten, wéi gesot, de Leit erschwengleche Wunraum schafen, an dann e Steiersystem hunn, dee genee de Contraire mécht.

Här President, d'LSAP begréisst dëse Projet de loi, well en eise Finanzsystem protegéiert géint Iwwerverschëldung vun de Stéit. An dofir wäerte mir dëse Projet och hei matstëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Hären, d'Logementspräisser klammen an domadder och d'Veerschëldung vun de Privathaushalter. Déi Entwécklung kënnen mir natierlech net gutt fanen, mee et ass eng Realitéit, op déi mer reagiere müssen.

Op där enger Säit féiert d'Veerschëldung vun de Privathaushalter natierlech derzou, dass d'finanziell Ofhängegkeet vun de Stéit zouhëlt. Virun allem fir d'Famillje sinn déi ëmmer méi héich Scholden, fir sech eng Wunneng oder en Haus ze kafen, eng grouss Belaaschtung. An op där anerer Säit warnen eis international Institutionen, d'OCDE an de Comité européen du risque systémique, dass d'Veerschëldung vun de Privathaushalter och eng Gefor ass fir d'Stabilitéit vun de Banken an also dem Finanzsystem, zum Beispill am Fall vun enger Immobilielos.

Et ass domat och e Risk fir d'Stabilitéit vun onser Economie, wouvu mir natierlech alleguerte beträff wäeren, virun allem awer déi, déi staark verschëlt sinn an um ënneschten Enn vun der Lounskala stinn, well si méi staark vun enger Kris beträff wäeren.

Et ass d'Responsabilitéit vun der Politik, dës Warnungen net ze ignoréieren. Au contraire, mir müssen eng responsabel a realitéitsno Antwort op dëse Problem ginn, déi d'Mënschen hei am Land virun dësem Risk schützt. An dëse Projet, deen de Rapporteur André Bauler gutt explizéiert huet, an ech wëll him dofir Merci soen, schafft eeben e Mechanismus, deen de Risiko fir d'Stabilitéit vum Finanzsektor reduzéiert mat kloer definéierte Moossnamen. En ass preventiv, well mer eis elo d'Moyenne ginn, fir dass déi néideg Mesuren, wa se dann néideg sollte sinn, kënnen geholl ginn. E suert och derfir, dass d'Veerschëldung vun de Privathaushalter net an d'Onendlecht weidergeet. Duerch eng ëmmer méi héich Verschëldung sinn d'Menagé grouse finanzielle Risiken ausgesat.

Wéi gesot, dëse Mechanismus soll nëmmen am Eeschtfall, zum Beispill am Fall, wou d'Immobiliepräisser vun haut op muer staark géife falen, ugewannt ginn. A fir dass et ni dozou kënn, ass et fir ons eng absolutt Prioritéit, massiv abordabele Wunraum an effentlecher Hand ze schafen a gläichzäiteg och de Privatmarkt ze mobiliséieren, well nëmmen duerch méi Offer kënnen d'Präisser sech och normaliséieren an d'Schulde vun de Stéit net weider klammen.

Wéi mir alleguerte matkruten, huet de Logementsminister dofir e Paradigmewissel an der Logementspolitik ugekënnegt, hin zu enger Politik vun der Offer, bei där et drëms geet, d'Offer an abordablem Wunraum an effentlecher Hand massiv ze erhéien.

Den neie Pacte Logement 2.0 wäert vill Wierkung weisen, well en d'Gemeenge geziilt finanziell ënnerstëtzt, wa se och wierklech bezuelbare Wunraum schafen. Beim ale Pacte Logement war dat nämlech net genuch de Fall.

An da gëtt jo och d'Grundsteuer reforméiert, ënner anerem mam Zil, fir bebaubar Terrainen ze mobiliséieren an domat d'Offer ze erhéien. Mir sinn iwwerzeegt, dass dës Politik vun der Offer de richtege Wee ass, fir d'Präisser nees an de Grëff ze kréien. Domadder ginn och d'Risiken erof, déi den Immobiliemarké aktuell fir eise Finanzsektor a fir ons Economie duerstellt.

Mat dëser Logementspolitik a mat preventive Mesur wéi dem Gesetz, wat mir grad diskutéieren, kënnen mir eis Economie an domat ons all viru Riske schützen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och dem Kollege André Bauler Merci soe fir säi Rapport, wat sécherlech net en einfache Rapport war. Mee hien huet dat ganz sachlech eriwuerbruecht.

Dëse Projet de loi ass am Fong kee grousst Gesetz, wat den Text ubelaangt. E geet op eng Säit. Mee et ass awer en Text, dee grouss Konsequenzen fir d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg wäert mat sech bréngen.

Dëst Gesetz, dat d'Regierung hei deponéiert huet, geet am Fong op e Bréif zréck, dee mer vun der Europäescher Zentralbank, dat heescht, deen d'Regierung vun der Europäescher Zentralbank kritt huet - dat ass am Fong nach net hei gesot ginn -, déi der Lëtzebuerger Regierung gesot huet, dat de Risiko géif bestoen, dass fir Lëtzebuerg respektiv d'Finanzplatz mëttelfristeg kéint eng Immobilielos Entstoen. Mëttelfristeg, dorënner gëtt verstanen tëschent dräi a fënnf Joer. Mee de Risiko, dee mer hei hunn, dass d'Immobiliepräisser (veuillez lire: d'Emprunten) esou an d'Luucht gaange sinn, dat ass duerch dat staarkt Wuesse vun den Immobiliepräisser, an doduerch, konsequenterweis, wann d'Präisser an d'Luucht ginn, ginn och d'Emprunten an d'Luucht, fir eeben déi Immobilien ze bezuelen.

Wat dee Bréif ubelaangt vun der Europäescher Zentralbank, dee mir jo net gesinn hunn, mee iwwert deen de Finanzminister eis awer virun engem gudden Joer an der Finanzkommissioun informéiert huet, wësse mir net, wat d'Regierung dorobber geäntwert huet!

Wat huet se geäntwert, wéi d'Zentralbank gesot huet, Lëtzebuerg hätt de Risiko, fir mëttelfristeg an eng Immobilielos ze falen? Deelt d'Regierung déi Analys, déi se kritt huet?

Mir wësse jo net, wat se geäntwert huet! Mir wëssen elo just, dass e Projet de loi hei deponéiert gëtt, deen haut hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung kënn, an doraus kéint een dann d'Konsequenz zéien, dass d'Regierung déi Suergen, dass esou eng Immobilielos kéint mëttelfristeg Entstoen, deelt, well soss hätt se jo net esou e Projet de loi opgrond vun deem Bréif gemaach.

An der Finanzkommissioun ass eis awer och gesot ginn, an ech mengen, et war vun der CSSF, dass am Fong de Finanzsektor keng Problemer hätt, wat de Remboursement vun de Prëten, den Immobilieprête géif ubelaangen, an dass dat am Fong ënner 1 % géif leien, wat am Fong e ganz minimalen Taux ass, an am Fong kee Problem besteet, wat d'Remboursementen vun den Immobilieprëten ugeet.

Dëst Gesetz ass awer och eng Konsequenz vun der Logementspolitik vun dëser Regierung. An et ass awer och esou: D'Logementspolitik ass eng Konsequenz vun der Wuesstumspolitik.

Dee stramme Wuesstum, dee mer hunn, dee gëtt hei net diskutéiert. Et ass net d'Spekulatioun, wéi den Här Fayot elo gesot huet, déi déi Präisser a priori esou an d'Luucht drängt, mee et ass un éischter Stell dee Rekordwuesstum, dee mer hei zu Lëtzebuerg maachen, deen eeben deen Drock op den Immobiliemarké mécht. Well wa mer 13.000, 14.000 Leit d'Joer hei am Land bäikréien, da bedeit dat, dass mer mussen 6.000, 7.000 Wunnengen fir déi schafen an dass dann d'Offer an d'Demande eeben zur Konsequenz hunn, dass d'Präisser esou klammen. A soulaang wéi mir de Problem vun där Rekordwuesstumspolitik, déi dës Regierung jo mordicus verdeedegt, ... Ech wëll drun erënnere, dass den Här Finanzminister, wéi e säi Budget virun engem Mount oder zwee Méint hei an der Chamber op dëser Plaz virgestallt huet, gesot huet: „An d'nächst Joer schafe mer erëm 15.000 zousätzlech Aarbechtsplazen.“

► **Une voix**.- Richtig!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Richtig! Dat heescht also, d'Regierung setzt richtig weider



op stramme Wuesstum an d'Konsequenze dovun sinn, datt den Drock op de Logement nach méi grouss an deenen nächste Jore wäert ginn an datt all déi aner Problemer, wéi d'Mobilitéit, an deenen nächste Joren nach méi grouss wäerte ginn. Also ass net deen éischte Problem d'Spekulation, mee deen éischte Problem, dee mer hu vun dëser Politik, dat ass de Wuesstum. An ech si frou, datt den Här Finanzminister dat elo nach eng Kéier hei konnt ënnersträichen.

D'Konsequenzen, wéi gesot, vun den Immobilienpräisser, dat sinn déi Rekordhaussen, déi mer eeben hei am Land hunn. Dat bedeit, datt vill Leit sech elo schonn net méi hei am Land eng Wunneng kënnen leeschten, wat virun 30, 40 Joer eng Normalitéit hei am Land war. Viru 40 Joer konnt nach all Aarbechter sech en Haus baue mat Gréngs ronderëm. Haut kréien zwee Universitäré nach vläicht eng Bauplaz mat dräi Ar an da muss se sech op 30 Joer zu zwee hiert Liewe laang verschëlden, fir iwwerhaupt eng Wunneng ze kréien.

Mir sinn also net méi räich ginn, mee mir si méi aarm ginn hei am Land. A wou ass d'Liewensqualitéit higaangen? An trotzdem setzt dës Regierung weiderhin op e Rekordwuesstum an haut mussen ëmmer méi Leit an d'Grenzregiounen goen, fir iwwerhaupt nach eng Wunneng ze kréien.

Dëse Projet ass de Beweis, jo, eng Failliteerklärung vun der Rekordwuesstumspolitik vun dëser Regierung.

Dëst Gesetz setzt de Banken e Kader, Konditionen, ënnert deene se nach Immobilienemprunten dierfen accordéieren. Et gëtt zwou wichteg Bestëmmungen. Si sinn elo schonn e puermol genannt ginn. Ech soe se nach eng Kéier kuerz resuméiert: d'Eegebedelegung, dat heescht, am Gesetz steet, d'Banken dierfen nëmmen tëscht 75 % an 100 % (veuillez lire : nëmme bis 75 %) léinen. Oder ëmgedrënt: Et mussen tëschent 0 % a 25 % (veuillez lire : Et mussen mindestens 25 %) Eegebedelegung do derbäi sinn. Dat Zweet ass, datt d'Prëten nëmmen dierfen tëschent 400 % an 1.200 % sou héich sinn, wéi de Revenu disponible am Joer ass.

Wat de Revenu disponible ass, huet de Kolleeg Gilles Roth jo och hei diskutéiert an erklärt. De Kolleeg Gilles Roth huet eng Rei vu Beispiller ginn, opgrond vun deem Tablo, dee mer vum Finanzminister ausgestallt kritt hunn, déi do alleguer drastinn. Hien huet der geholl vun der Fonction publique, vum Enseignement.

Ech wëll dann och nach ee méi Klengen huelen, zum Beispill eng Persoun, déi e Revenu disponible vun 2.000 Euro huet. Dat ass fir vill Leit scho vill. Well dat si Leit, déi mussen schon 3.000, 3.500 Euro de Mount netto verdéngen, wann nach alles ofgeet, fir nach 2.000 Euro Revenu disponible Rescht ze behalen.

Also mat där Berechnung 400 % an 1.200 % komme se dann op: 24.000 Euro d'Joer, 12 mol 2 si 24.000 Euro d'Joer - mol 12 Méint -, dat si 24.000 Euro d'Joer, mol 400 %, dat si 96.000 Euro. Oder si kënnen dat mol 12 bei 120 % (veuillez lire : mol 12 bei 1.200 %) maachen. Da sinn dat 288.000 Euro. Also eng Persoun, déi 3.000 Euro netto verdéngt an nach 2.000 Euro disponibel huet, déi kritt nach e Prêt tëschent 96.000 an 288.000 Euro.

► **Une voix.** - Dont acte.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - An da muss se nach eng Participatioun selwer bréngen vun ongeféier 10 %. Dat wieren dann nach eng Kéier 28.000 Euro.

Dir Dammen, Dir Hären, eng Eegebedelegung, dat muss ee sech och emol eng Kéier iwwerleeën: Wéi kréien d'Leit eng Eegebedelegung zustanen? Wa mer eng Hausse hu vun 10 % d'Joer an et géif ee sech, wéi an dësem Fall, och nach gäre fir 288.000, oder soe mer fir 300.000 Euro en Appartement kafen, wann een iwwerhaupt nach eent kritt hei am Land, an et misst een eng Eegebedelegung vun 10 % maachen: Dat sinn 30.000 Euro! Mee d'Wunnungspräisser ginn 10 % d'Joer méi deier! Dat heescht, dat, wat e muss als Eegebedelegung maachen, dat ass an engem Joer scho méi deier. A bis en déi zesummenhuet, déi 30.000 Euro, mat engem Revenu vun 2.000 Euro, ass dat schonn x-mol méi deier gi wéi dat, wat en iwwerhaupt ka jeemools als Eegebedelegung zesumme kréien, fir d'Konditionen ze erfëllen, fir iwwerhaupt kënnen e Prêt ze kréien.

An duerfir muss een dat wëssen. An och eng Persoun, wéi se hei genannt ginn ass, oder eng Koppel vun der Administration publique, déi e Revenu netto huet, disponibel, vun 8.673 Euro, déi ka bis 938.000 Euro geléint kréien. Mee elo schwätze mer awer vum Revenu disponible. Hei ass den Nettoloun, hei ass den Nettoloun, net de Revenu disponible. Déi kann dann eeben 938.000 Euro geléint kréien, wa se 10 % huet. Da muss déi Persoun 93.000 Euro Eegebedelegung bréngen!

An dat Appartement oder dat Haus, dat ass an engem Joer schonn erëm 10 % méi deier ginn. Dat heescht, dat, wat se als Eegebedelegung huet, bréngt et emol net fäerdeg, fir d'Hausse opzefänken, déi vu Joer zu Joer do ass, wat se hei am Fong misst als Eegebedelegung era-bréngen.

Wat ass de Revenu disponible? Wéi gëtt deen iwwerhaupt gekläert? Ma bei engem Staatsbeamten oder engem, deen op enger Bank schafft oder engem ..., kann een dat kucken, mee mir hunn och Fräiberuffer, wou Schwankungen an de Léin sinn. Mir hunn och Baueren, wou Schwankungen an de Léin sinn. Wou ass do de Revenu disponible, wa mer dee rechnen? Dat heescht, hei ass eppes, wat an der Praxis net dierft fonctionéieren.

A wéini trëtt dat Gesetz a Kraaft? Mir stëmmen am Fong dat Gesetz ..., mat Ausnam vun deene Bestëmmungen, déi fir d'Banque centrale sinn, déi a Kraaft kënnen trieden, mee déi Applikatiounen hei, wat déi Kaderen ubelaangt fir d'Banken, do gëtt gesot: „Ma dat trëtt am Fong eréischt a Kraaft, wann eeben d'CSSF hi-geet a si huet den Avis vum Comité du risque systématique kritt an dee leet dat fest, dann trëtt dat a Kraaft.“ Esoulaang wéi d'CSSF also net agéiert, trieden déi Bestëmmungen vun dësem Gesetz net - theoreetesch - a Kraaft.

Den Här Finanzminister huet eis awer gesot an der Finanzkommission, datt hien dovun ausgeet, datt d'Banke gutt berode wieren an och warscheinlech, ouni datt d'CSSF eng Decisioun hëlt, sech schonn un d'Bestëmmungen vun dësem Gesetz wäerten halen.

An, Här President, ech kann lech soen - de Kolleeg Roth huet virdrun déi véier grouss Lëtzebuerger Banken, déi haaptsächlech am Immobiliensektor aktiv sinn, genannt -, eng vun deene Banken applizéiert dat elo schonn, d'Gesetz ass emol nach net gestëmmt!

Et sinn elo scho Refusen op Emprunten ausgeschwat ginn, zumindest bei enger grousser Lëtzebuerger Bank, déi seet: „Opgrond vun deem neie Gesetz, wat elo kënnt, kënnen mir lech kee Prêt méi ginn.“ Dat ass elo schonn eng Realitéit, d'Gesetz ass emol nach net gestëmmt.

Dat hei wäert zur Konsequenz hunn, datt ganz vill Leit keng Prête méi hei am Land kréien. A wat ass d'Konsequenz?

Den Här Fayot huet virdru gesot, datt et schonn e Luxus wier, fir hei zu Lëtzebuerg e Prêt ze kréien. Dat aus dem Mond vun engem Sozialist ze héieren, aus enger Partei, déi elo bal Joerzéngte jo bal ëmmer als zweet Partei an der Regierung ass, an hien ass och nach President vun där Partei, datt dee seet: „Et ass e Luxus, fir zu Lëtzebuerg iwwerhaupt nach e Prêt ze kréien.“ Dat heescht, fir en Normalstierflechen, fir de Lëtzebuerger Aarbechter ass vun der Lëtzebuerger Aarbechterpartei net méi drun ze denken, datt do iwwerhaupt nach een e Prêt kritt. An hie verdeedegt dann dat heite Gesetz hei mordicus a seet: „Dat schützt d'Leit, datt se net Prête kréien, déi se herno net méi kënnen rembourséieren.“

Dat heescht, hei si virun allem déi kleng Leit, déi hei am Land keng Prête méi wäerte kréien. D'Mëttelschicht wäert sech keng méi leeschten. Et ass wierklech herno nach e Luxus, deen nach just déi Räich hei aus dem Land sech kënnen leeschten, respektiv Räicher, déi hei op Lëtzebuerg wëllen investéieren kommen.

Wat huet dat zur Konsequenz? Ma et ginn nach méi Leit an d'Grenzregiounen wunnen! An et wäert och zur Konsequenz hunn, datt d'Leit elo net nëmme méi an d'Grenzregioun wunne ginn, mee wa se hei zu Lëtzebuerg bei de Banke keng Prête méi kréien, ma da gi se an d'Ausland fir d'Prëten!

An an der Belsch gëtt et, keng iergendwéi vag, mee seriö Banken, déi elo scho Campagnë maachen an Offerte maache fir Immobilien hei zu Lëtzebuerg, mat besserer Konditionen nach, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg vun de Banke kréien, déi dann eeben d'Prëten u Lëtzebuerger maachen, fir kënnen ... Warscheinlech dann net méi hei a Lëtzebuerg, well déi gi jo schonn an d'Ausland wunnen, da maache se och nach d'Prëten am Ausland. Dat ass eng vun deenen ...

An da schreiwe mir am Gesetz, datt d'« CSSF peut demander », un auslännesch Banken, datt si sech och un d'Lëtzebuerger Gesetzgebung sollen halen. Ech war iwwerhaupt verwonnert, datt mer esou eppes an e Gesetz schreiwen, datt mer soen: „Hei, mir kënnen déi auslännesch Banke froen, si kéinte sech awer och, wannechgelift, un d'Lëtzebuerger Gesetzer halen.“

Also da kann een och - mir sinn net méi wäit vun Niklosdag ewech - erëm un de Kleesche gleewen, wann ee mengt, eng Belsch, eng däitsch, eng franséisch Bank géif soen: „A jo, wann d'Lëtzebuerger CSSF seet, mir sollen eis un hir Gesetzer halen, da maache mir dat. Mir

si jo fei Leit.“ Also ech mengen, dat läit net an den Intentionen vun deenen. Dat ass e Saz, ech hätt en net an e Gesetz geschriwwen, well e kléngt méi lächerlech wéi seriö.

Mir wäerten also mat dësem Gesetz nach d'Leit zousätzlech forcéieren, an d'Grenzregiounen wunnen ze goen a warscheinlech dann och an Zukunft am Ausland Prëten ophuelen ze goen.

Et ass, wéi gesot, e Gesetz, wat virun allem deene Klengen an der Mëttelschicht méi Schwierigkeete bréngt. Nach just finanziell staark Leit, wéi gesot, kënnen sech dat heite leeschten. A wann d'Leit sech hei am Land keng eege Wunneng méi kënnen leeschten - den Här Fayot ass elo net méi heibannen -, wat maachen d'Leit dann? Da gi se entweeder an d'Ausland wunnen oder si ginn hei am Land lounen. A wat maache se dann? Si bezuele Loyer, a si bezuelen deiere Loyer!

A wat gëtt mat deene Loyere gemaach? Ech wollt dem Här Fayot dat soen. Si bezuelen déi dann deene räiche Leit, déi Appartementer an Haier kënnen bauen a vun der Famill an de Generatiounen hunn. Si bezuelen am Fong dann deene Räichen hei am Land hir Immobilien. A si selwer kréie keng Immobilien a si hunn näischt fir herno hire Kanner ze verierwen, mee et sinn nach just déi gutt Bettuchten hei am Land, déi sech eng Immobilie kënnen leeschten. An esou, wa se eng an déi aner, an der zwou an dräi a fënnel an zéng hunn, hu se och kee Problem, fir Emprunten ze kréien, fir sech nach eng eeleft derbäizekafen. An da kréie se mat deene Loyere vun deene kleng Leit a vun den Aarbechter hir zwieleft an dräizéngt Immobilie bezuelt.

► **Une voix.** - Genau!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Et ass also e Gesetz, wat radikal deem entgéintsteet, wat een als Staat misst maachen. An eng éischt Aufgab vun engem Land, engem Staat misst sinn, datt e géif kucken, datt erëm all Mënsch hei am Land eng Wunneng kritt, an zwar zu akzeptabele Präisser. An dës Regierung kënnt net derlaanscht, datt se sech eng Kéier mat der Wuesstumsdebat ausernaner setzt, well ëmmer méi Leit am Land kommen an der Zwëschenzäit zu där Konkursioun. A soulaang wéi Der net de Courage hutt, fir un déi Problematik erunzegoen, wäert Der déi aner Problemer net léisen.

An alles dat, wat hei gezielt gëtt vu Grondsteuer, déi muss gehéicht ginn, vun dem Pacte Logement 2, dat kënnt Der lech alles un den Hutt spéngelen! Dat léist de Problem net. An och d'Grondsteuer, éischters ass et emol erëm eng Steiererhéijung. A wann d'Wunnpräisser 100.000 Euro den Ar haut kaschten, an d'Leit bezuelen 20, 30 Euro Grondsteuer fir den Ar an der Gemeng, an Dir gitt och nach hin, Dir verdeiert déi op 1.000 Euro, wat eng enorm Steigerung ass, da mécht dat deene Leit nach guer näischt aus, well de Präis, dee geet vun engem Joer vun 100.000 op 110.000 an d'Luucht, dann hunn déi och nach kee Problem, fir 1.000 Euro weider ze bezuelen, well se nach ëmmer eng grouss Plus-value gemaach hunn.

Also mat all deene Rezepten wäert Der vläicht méi Suen an d'Keese kréien, awer de Problem wäert Der net léisen! De Problem gëtt nëmme geléist, wa mer eis mat der Wuesstumsproblematik ausernesetzen. An dës Regierung refuséiert dat a setzt weider op stramme Wuesstum. A mir deet et nëmme leed, datt Parteien wéi d'Sozialisten an déi gréng dat matmaachen. Datt eng DP dat mécht, verstinn ech, well déi huet eng aner Kategorie vu Leit zefriddestellen. Dat sinn eeben déi, déi d'Geschäfte domadder maachen. An datt awer déi aner heihinnerkommen an dat och nach ënnerstëtzen, dat geet net méi a mäi Versteesdemech eran.

Här President, IDEA, dat ass eng Stëftung vun der Chambre de Commerce. Den Här Gramegna war jo Direkter oder President ...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Direkter!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - ... Direkter dovunner. An et ass also eng Stëftung vun där Föderatioun, der Chambre de Commerce, wou den Här Gramegna Direkter war, déi huet elo en neit Dokument erausginn an den Titel heescht: „Luxemburg verjagt seine eigenen Einwohner jetzt ganz offiziell“. „Armere sollen ins Ausland wohnen gehen“, steet hei. Si schwätzen do vun „atypischen Grenzgängern“. Et ass atypesch, well et sinn am Fong Leit, déi hei wunnen, déi an d'Ausland mussen wunne goen, an da muss se erëm heihinner schaffe kommen. A si kommen zur Konkursioun zum Schluss: „Das ist ein Hohn und die Bankrotterklärung der Luxemburger Wohnungsbaupolitik.“ IDEA, Stëftung vun der Chambre de Commerce! Den Här Gramegna war, wéi en dat selwer hei ënnerstrach huet, gären Direkter do.

Här President, deen heiten Text vun der IDEA ass geschriwwen ginn, du war dat heite Gesetz

nach net an der Diskussioun! Dat war nach virun dësem Gesetz, wat elo komm ass!

Ech si gespaant, wat se elo schreiwen, wa se och nach dat heite Gesetz liesen, ...

(Hilarité)

... zu wat se dann nach als Konkursioun kommen, well si hunn dat heite schonn als Konkursioun gezunn, ier dat heite Gesetz komm ass!

An duerfir, Här President, bei allem gudde Wëllen, mee dat heite Gesetz, dat kann een net matstëmmen. An ech froe mech, wéi et méiglech ass, datt d'Regierung op deen dote Wee geet, fir domadder de wierkeleche Spekulant d'Diere grouss opzemaachen an der Mass vun de Leit, de kleng Leit, der Mëttelschicht et quasi onméiglech ze maachen - et ass elo scho ganz schwéier, mee an Zukunft onméiglech -, fir datt déi nach Geld geléint kréien a fir datt déi nach jeemools sollen zu engem Eegenheim kommen.

Et ass wierklech eng Failliteerklärung vun der Politik vun dëser Regierung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*. - Den nächste Riedner ass schonn ënnerwee. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Bon, mir sinn hei mat engem Projet de loi befaasst, deen u sech eng Seltenheet duerstellt, well d'Seltenheet besteet doranner, datt de Staat Mëttel kritt, fir an de Maart anzegräifen, a souguer Zwangsmoossnamen ergreifen kann. Et ass jo u sech eng Oplag vun der Europäescher Zentralbank, dat ass schonn oft gesot ginn, déi versicht, d'Léieren ze zéien aus der Subprime-Kris an den USA, déi duerno, virun elo iwwer zéng Joer, eng weltwäit Finanzkris provoziert huet.

Allerdéngs, mir wësse jo all, wéi déi Subprime-Kris lassgetrëppelt gouf. Den Ursprung ass awer och deen, datt een an den USA, wat jo sozialpolitesch e Faillitestaat ass, do jee no Zuelen 80 Milliounen bis 100 Milliounen Aarmer huet - esou gutt fonctionéiert dat Land! - an datt u sech den Ursprung ass, datt d'Leit sech och nach verschëlden an datt aner Instituter vun hinne wëlle profitéieren. An en plus ass bei hinnen dee Sektour jo eendeitig méi dereguléiert wéi bei eis elo.

Et geet also drëms, en Dispositif anzusetzen, falls déi Immobiliebulle zu Lëtzebuerg droe géif ze platzen. An am Kloertext heescht dat, datt d'Kreditter eeben u méi streng Konditionen gebonne ginn, fir ze verhënneren, datt d'Menagen hir Schold net méi un d'Bank kéinten zrëckbezuelen. Um Pabeier liest sech dat jo ganz gutt. Et muss ee sech allerdéngs eng Partit Froe stellen, an déi goufen och schonn hei gestallt.

Éischt Fro: Wäert deen Dispositif iwwerhaupt gräifen? An ass en a Wierkelechkeet net en Alibi-dispositif, fir der EZB e Pleséier ze maachen?

Zweet Fro: Trëfft et iwwerhaupt déi richteg Leit? Gëtt do net de Bock zum Gärtner gemaach, andeems een de Menagen u sech d'Schold gëtt um Platze vun enger Immobilie-blos, datt een hinnen u sech d'Responsabilitéit zouschouert?

Zur éischter Fro. Bon, de Comité systématique, et si jo véier Institutionen, déi matspille wäerten: de Finanzministère, d'CSSF, d'Zentralbank an de Commissariat aux assurances. An esouwäit ech elo awer och verstanen hunn - et ass net ëmmer esou evident, mee esouwäit mer verstanen hunn -, ginn déi verschidden Institutionen u sech éischter net dovunner aus, datt eng Immobiliekris kéint do sinn. A si hu vläicht souguer Recht, ech weess et net. Well d'Situatioun zu Lëtzebuerg spezifesch ass - op eng ganz ongesond Aart a Weis, mee si ass spezifesch. Ech géif awer och net meng Hand dofir an d'Feier leeën, ech kann dat net richteg agesinn.

Mee ganz dovunner ofgesinn, wéi déi verschidden Institutionen dee Risiko aschätzen, huet dee Projet de loi zwar dee Meritt, richteg Froen opzeweieren, allerdéngs gëtt en an eisen Aen net déi richteg Äntwerten.

Wéi eng Risike ginn iwwerhaupt vum iwwerhëtzen Immobiliemarché aus a wat geschitt dann, wann et wierkelech eng Kéier rabbelt? An dat kéint awer eng Kéier de Fall sinn. An dat ass onofhängeg vu Lëtzebuerg. An ass et dann net souwisou ze spéit, wann deen Dispositif dann tatsächlech géif ëmgesat ginn?

Zur zweeter Fro, ob et déi richteg trëfft. Dee Projet de loi behandelt u sech nëmmen ee vun



de Risike vum Immobiliemarché: de Risiko, dee fir d'Banke vun den normale Menagen ausgoe géif. An et muss een et ganz kloer soen: Déi normal Menagé sinn net schold drun, datt den Immobiliemarché total aus de Fuge geroden ass, verréckt spillt an iwwerhëtzt ass.

Schold dru sinn déi total irresponsabel Regierungen, déi nogekuckt hunn an - an et muss een et och kloer soen! - hire Copainen aus der Immobiliebranche net wollten ze no trieden. A bis elo hunn ech net den Androck, datt sech mat dëser Regierung eppes géif änneren.

Här President, firwat mussen d'Leit sech iwwerhaupt iwwerschëlden, fir an de Genoss ze komme vun engem elementare Recht wéi der Wunneng? Dat räicht Lëtzebuerg, dat Triple-A-Lëtzebuerg huet et fäerdegbruecht, datt d'Leit, d'normal Leit, d'normal schaffend Leit sech hei net méi eng Wunneng kënnen leeschten. Dat hu mer hei fäerdegbruecht! An dat seet viles aus iwwert d'Kompetenze vun eise politeschen an ekonomeschen Elitten hei am Land.

D'Leit muss sech iwwerschëlden. Firwat? Ma éischten, well keen Instrument do ass, fir den Immobiliemarché ze reguléieren. Eng Regierung, déi dat net mécht, ass eng gescheitert Regierung.

Zweetens, et gëtt keen Instrument, fir d'Spekulation anzegrenzen an ze bekämpfen. Eng Regierung, déi dat net mécht, ass eng gescheitert Regierung!

An drëttens, et gëtt keen Instrument, fir d'Promoteuren ze disziplinéieren. Eng Regierung, déi dat net mécht, ass eng gescheitert Regierung! Ech mengen, déi aktuell Regierung ass an deem Fall eng gescheitert Regierung.

Här President, wéi entsteet dann iwwerhaupt eng Immobiliebloß? Ma duerch d'Spekulation! Sinn et d'Stéit, déi spekuléieren? Neen. Et sinn déi Räich, d'Promoteuren, d'Sociétéiten an d'Immobiliefongen. Alles, wat zu Lëtzebuerg esou helleg gehale gëtt, dréit d'Schold u sech un deem ganze Wunnengsmisär, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dem Wunnengsmisär vun Zéngdausende vu Leit. Dee Marché, dee klëmmt jo, dat ass scho gesot ginn, ëm 11 % d'Joer.

Interesséiert sech d'Regierung dofir? Dat ass jo net normal! Op jidde Fall hat ech net den Androck, datt dat de Premierminister a senger historesch eideler Ried iwwerhaupt géif bekëmmern. En huet sech jo nëmmen ëm onwichtig Saache bekëmmert. Sou léisst sech vill méi einfach regéieren!

A mat deenen astronomeschen 11 %, déi an d'Luucht klammen, ma do komme se natierlech aus der ganzer Welt, fir e Stéck vum Kuch ze kréien. A wa kee Kuch méi do ass, da gi se erëm. A wat geschitt dann, wann op eemol d'Renditten net méi interessanten sinn? Dann zitt d'Kapital sech massiv zrëck an da platzt d'Blos an déi kleng Leit, déi hanken.

An da solle grad déi domadder bestrooft ginn, datt se kee Kreditt méi kréien. A wat bleift deene Leit nach als Géigevaleur iwwerhaupt duerno? Ma guer näischt méi!

Här President, déi zweet Oplag vun dëser Regierung ass schonn zwee Joer am Amt, am ganze siwe Joer, a vum Finanzministère, deen Hiewelen huet, fir géint d'Wunnungskris ze agéieren, ass guer näischt komm, oder bal näischt!

An de Problem ass, siwe Joer, dat ass vill, an dat Eenzezt, wat elo kënn, ass u sech eng Measure, déi derfir wäert suergen, datt grad déi, déi net fir d'Wunnengsnout responsabel sinn, u sech d'Schold dovunner wäerte kréien.

Dofir menge mir, Här President, datt et un der Zäit ass, seriöös ze handeln a wierklech eppes ze maache géint eng méiglech Immobiliebloß.

Här President, den Här Charles Margue huet virdrun eng exzellent Interventioun gemaach, well mir hunn an eiser Fraktioun, an eiser Sensibilität haut de Moien eis awer och déi selwecht Froe gestallt. O, scho méi oft! Ech mengen, vill Leit stelle sech déi Froen an den Här Fayot huet sech déi Fro och gestallt, fir iwwerhaupt ze wëssen: Mee wat ass de Rôle - fir dat ze chiffréieren -, wat ass de Rôle vun den Investmentfongen hei zu Lëtzebuerg, déi och zu där Blos an zu där Iwwerhëtzung bäidroen?

Et ass wierklech schwéier erauszefannen. Am Prinzip misst eng Regierung sech domadder beschäftegen. An dofir duechte mer och, datt mer an deem Fall ..., well mir hunn eis d'Fro gestallt, an dunn hu mer geduecht: „Okay, ma da schreiw mer eng Motioun, ...

Wannechgelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- ... déi d'Regierung oprifft eeben, fir an déi Richtung ze goen, fir justement de Rôle vun den Investmentfongen ze analyséieren, e Rapport ze maachen, an datt mer eng Kéier richtig driwwer diskutéieren.“

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant la situation particulièrement tendue sur le marché immobilier avec des hausses de prix de l'immobilier très inquiétantes ;*

- *considérant les conséquences particulièrement graves auxquelles serait confronté le pays suite à l'éclatement d'une bulle immobilière ;*

- *considérant que des fonds immobiliers nationaux et internationaux, ainsi que des sociétés privées nationales ou internationales, interviennent de manière importante sur le marché immobilier national et que ces activités sont susceptibles d'avoir un impact considérable sur la formation des prix immobiliers et potentiellement sur la formation d'une bulle immobilière ;*

- *considérant que peu d'informations ou d'analyses sont actuellement disponibles sur les caractéristiques et l'ampleur des activités des fonds immobiliers nationaux et internationaux, ainsi que des sociétés privées nationales ou internationales, en relation avec le marché immobilier national,*

invite le Gouvernement

à produire dans les six mois à venir un rapport détaillé sur les activités des fonds immobiliers nationaux et internationaux, ainsi que des sociétés privées nationales et internationales, en relation avec le marché immobilier national, qui analyse notamment a) l'ensemble de leurs activités en relation avec le marché immobilier national de manière qualitative et quantitative, ainsi que b) l'impact de ces activités sur le marché immobilier national et notamment sur la formation des prix immobiliers et c) les risques potentiels qui émanent desdites activités quant à la formation d'une bulle immobilière au Luxembourg.

(s.) *David Wagner, Marc Baum.*

Ech mengen, et ass e Service, also mir maachen lech e Pleséier domadder, an ech gi jo dovunner aus, datt Der déi Motioun ënnerstëtzt, vu datt mer an déi selwecht Richtung jo zéien an datt mer duerno vläicht och e bësse méi Kloecheet wäerte kréien an där ganzer Saach an och wäerte wëssen, wie wierklech d'Schold dréit hei zu Lëtzebuerg.

Wa mer an déi Richtung ginn, Här President, dann hu mer och e bëssen eppes geschafft. Et geet awer natierlech nach ëmmer net duer.

Et ginn nach aner Méiglechkeeten, Här President, déi reell derfir kéinte suergen, datt mer keng Immobiliebloß zu Lëtzebuerg kréien an datt mer en normale Logementsmaart endlech kréien. An dat ass och keng Hexerei! Et ass keng Hexerei: Massive staatleche Wunnengsbau fir d'Locatioun, well dat ass eng Alternativ zur massiver Verschëldung an et gëtt de Leit eng Sécherheet am Fall vun enger Kris an et hëlt den Drock aus der Präisevolutioun eraus - dat wär schonn emol en éischte Schrëtt.

An et muss een derfir suergen iwwerhaupt, datt d'Leit, déi schaffen, net an d'Aarmut verfalen. Dofir misst een och nach iwwert de Mindestloun schwätzen, eng richtig Erhéijung, net eng falsch, wéi se bis elo gemaach ginn ass.

Well, zur Erënnerung, wéi ech am Ufank vu menger Ried gesot hunn, d'Subprime-Kris an den USA huet domadder ze dinn, datt e groussen Deel vun der Bevëlkerung, ee Véierel, wann net méi, vun der US-amerikanescher Bevëlkerung an totaler Aarmut leeft. An dat Wuert „working poor“, wat mir hei oft benotzen, staamt jo och net fir näischt aus den USA.

De Problem ass, datt zurzäit awer de Staat massiv privat Hauskreditter an iwwerdeiert Loyere subventionéiert. Dat war jo eng vun de Mesuren, déi mer an der leschter Legislaturperiod geholl hunn, mat der Subvention loyer, wou mir eis enthalten hunn, an du gouf och nach gesot: „O, wéi kënnen déi Lénk sech nëmmen do enthalten?“

Mee ganz einfach, well mir gesot hunn: „De Problem ass deen, d'Regierung mécht stricteement näischt - stricteement näischt! -, fir iwwerhaupt eppes géint d'Präisinflatioun um Wunnengsmarché ze ënnerhuelen.“ Do ass e Laisser-faire, de Fanger gëtt an de Mond gestach. An dofir kann duerno de Steuerzueler kommen - also mir all -, dee sech selwer hëllef duerch eng Subvention loyer a Wierklechkeet, fir datt weiderhin d'Promoteuren an déi, déi dovunner profitéieren um Wunnengsmarché, sech kënnen beräicheren, ouni wierklech richtig ze schaffen. Dat dierf een och net vergiessen ze soen.

Dofir, Här President, jiddwereen ass géint eng Immobiliebloß, mee et muss een déi richtig Causen analyséieren an et muss een och déi richtig Léisungen an déi richtig Schëlleg fannen. Ech kann lech soen, d'Situatioun elo, well dat, wat een héiert, déi Diskussioun ... Mir féiere jo vill Diskussiounen iwwert de Logementsproblem elo a leschter Zäit zu Lëtzebuerg. A mir wëssen, wéi dramatesch d'Situatioun elo ginn ass, wéi dramatesch se evoluéiert huet an deene leschte Joren.

Mir haten nach als Stater Sektioon vun déi Lénk virun zwou Wochen eng mini Aktioun gemaach bei der Ouvertür vun der Fnac beim Royal-Hamilius, moies um hallwer néng. Mir hu selwer net richtig ... Mir hunn e bëssen dru gezweiwelt: Solle mer et maachen? Solle mer et net maachen? Kommen iwwerhaupt Leit? An esou weider. Et ass e bësse komesch. Mir hunn et trotzdeem gemaach.

Dir kënn lech net virstellen, wivill Leit awer eis felicitéiert hunn oder wivill Leit sech opreegen. Well en plus, dee Royal-Hamilius, dat ass jo esou - wéi soll ech soen? - d'Symbolpolitik, d'Symbolpolitik vun enger total gescheiterter Wunnengspolitik: datt esou e Riseeprojet gemaach gëtt nëmme fir déi Superräich, obwuel mer wierklech Schwierigkeeten hunn hei am Land, fir iwwerhaupt den normale Mënschen eng Wunneng ze ginn.

D'Leit gi rosen, reelement rosen! D'Logementspolitik mécht d'Leit reelement rosen. A wann eng Immobiliebloß explodéiert, da wéilt ech net gären an der Haut vun deene sinn, déi bis an deene leschte Joren d'Land regéiert hunn, well da ginn d'Leit wierklech rosen.

Dofir, et ass nach net ze spéit, fir ze handeln. Mir kënnen Saache maachen an net ufänken ze schwadronéieren: Jo, hei an do e kleng Projett mat de Gemengen, wa se wëllen, an de Staat soll net ze vill bauen, an ech si Kommunist an esou weider. Hei nee, wierklech elo handeln amplaz ronderëm de Bräi ze schwätzen! Ech mengen, dat géif eis wierklech all zesumme weiderbréngen.

An aus all deenen Ursaachen och wäerte mir dëse Projett de loi net kënnen matstëmme. Ech mengen, Dir hutt et schonn a mengen Ausféierung verstanen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis ass alleguer bewosst, datt d'Präisser um Wunnengsmaart säit Jore just klammen a klammen, ouni datt d'Politik deem bis elo wierklech eppes entgéintzesetzen hat.

De Constat, dee mer elo héieren hunn, war relativ unanime. E war souguer esou wäit gaange bei Verschiddenen, fir a Fro ze stellen, wéi héich d'Mënscherecht Wunnen nach unzege-sinn ass.

Ma mir Piraten mengen, datt et e Mëscherecht ass, en Daach iwwert dem Kapp ze hunn, e Mëscherecht ass, sech kënnen en Daach iwwert dem Kapp ze leeschten. Ech mengen, duerfir sollte mer eis och bei dësem Projett ganz gutt ukucken, wat déi potenziell Konsequenze sinn.

Datt d'Demande d'Offer bei Wäitem depaséiert um Wunnengsmaart, dee Fakt wäert warscheinlech heibanne kee contestéieren. Well net genuch gemaach ginn ass, fir d'effentlech Offer u bezuelbarem Wunnraum ze erhéien, ass de lëtzebuergeschen Immobiliemarché e Seege fir grouss Promoteuren a Spekulanten. De Kolleg Wagner huet et gesot: Mir hunn déi international an national Immobiliefongen, wou een, wann een 125.000 Euro op der Säit huet a sech als „averti“ deklaréiert, dierf mat-spillen.

Ech mengen, d'„Tageblatt“ hat do an deene leschten Deeg e ganz ausféierleche Reportage gemaach, wou drastoung, wéi dës Fonge fonctionéieren. Gläichzäiteg awer, während dës Fonge Renditte maachen, déi bis zum zweestellige Prozentberäich pro Joer kënnen goen, ginn eis Spuerbicher nach null Komma iergendeppes un Zësen. D'Zësen op de Spuerbicher sinn also esou gutt wéi inexistent an d'Loyere sinn esou héich, datt déi meescht souwisou näischt méi gespuert kréien. An esou kann een dann och keen Egekapital méi mat-bréngen, wann ee sech dann awer nach e Prêt leeschte kéint.

Déi eng kucken um Spuerbuch de Suen no, wa se dann e puer Suen op d'Spuerbuch kënnen setzen, wéi se minimal wuessen, méi lues wéi d'Inflatioun. An déi aner um Immobiliemarché kucken net nëmmen de Mauerer no beim Wuessen, mee si kucken hirem Räichtum no, wéi e wiisst, wiisst a weider wiisst. Riets a lénks

spréissen nei Bauprojeten aus dem Buedem, an dat leider net nëmme vun effentlecher Hand, mee meeschtens säitens vun deene grouse Promoteuren, déi am grouse Stil bauen a verkaafen.

Wien et sech leeschte kann, profitéiert vum Marché. Wien d'Suen net huet, dee bleift zrëck. An amplaz datt dës Regierung, déi jo ëmmer dovunner schwätzt, datt et - ech zitéieren - „de Leit soll gutt goen, wann et dem Land gutt geet“, un dësem Zoustand eppes géif änneren, setzt se eis e Gesetzesprojett hei virun d'Nues, deen déi aktuell Ongläichheete just nach verschäerfen, jo, et kéint ee bal soen, fir am Kontext ze bleiwen, zementéiere wäert.

Heiansdo hunn ech d'Gefill, datt an eise Land eigentlech Politik gemaach gëtt nom Motto: „Wann et dem Land gutt geet, soll et e puer Auserwielten och gutt goen.“ Wat mat all deenen aneren ass, dat interesséiert wéineg. Kuckt ee sech dëse Projett nämlech eemol méi genee un, gëtt séier kloer, wien zum Schluss d'Konsequenze vun der jorelaanger Feelpolitik am Beräich vum Logement ze spiere kréie soll: Net d'Promoteuren, net d'Spekulanten, net d'FIS-Investisseuren an och net d'Politiker, déi et jorelaang verschlof hunn, aktiv ze ginn, nee, ganz am Contraire, fir de System ze retten, sollen d'Menagen, d'Privatleit, d'Familljen, d'Koppelen an d'Élengsteend mat oder ouni Kanner an hire Méiglechkeeten, en Haus oder en Appartement ze kafen, beschnidde ginn.

All déi Leit, déi haart fir hir Sue schaffe mussen an awer um Enn vum Mount net genuch kënnen op d'Säit leeën, fir sech ouni e Prêt vun der Bank eppes leeschten ze kënnen - an dat sinn déi meescht, well déi héich Loyerer et hinnen einfach onméiglech maachen -, sinn déi, déi vun de Mesuren aus dësem Projett getraff wäerte ginn.

Et stëmmt, wa just nach déi Räich sech Haiser kafe kënnen, ginn d'Demande um Marché a logescherweis och d'Präisser erof. „Zil erreicht“, kéint ee sech also soen: Et kafe manner Leit Haiser, d'Demande geet zrëck, also Problem geléist. Wat awer mat all deene Leit geschitt, déi sech näischt leeschte kënnen, déi also hannererofalen, doriwwer schwätze mer net. Jo, Zelter wäeren eng Méiglechkeet, fir op de Camping wunnen ze goen.

Mir hu beim État de la nation schonn dovunner geschwat, datt et Leit ginn, och am räiche Lëtzebuerg, déi sech net emol méi e Loyer leeschte kënnen. Ma wéi sollen déi Leit dann nach iergendwann eng Kéier d'Chance hunn, och nëmmen zu engem klengen Deel vun Eegentum ze kommen?

Eng Propos, déi ech hätt, wär, si géife sech alleguerten zesummendoen, déi net genuch hunn, an e FIS grënnen an domadder dann an de Logement investéieren. Domadder géife se dann awer zu de Gewënner zielen. An dat ass hypokritesch, fir iwwerhaupt och nëmmen esou mussen ze denken.

Dëse Projett presentéiert déi onmënschlechste Säite vun eise aktuellen Wirtschaftssystem, andeems en déi, déi de Problem verursaachen, verschount an d'Laascht op déi Schwächste verdeele wëllt. Dat Absurdst dobäi ass awer, datt ee sech doriwwer nëmmen a Moosse Suerge maache muss, well et wuel ni esou wäit komme wäert. Et schéngt nämlech, wéi wa beim Schreiw vun dësem Text vergiess gi wär, datt Lëtzebuerg net eleng op der Welt ass.

Lëtzebuerg ass keng Insel. Och wann d'CSSF, eis Finanzsektorsichtschaftskommissioun, lëtzebuergesche Banke bestëmmte Konditiounen fir d'Ausstelle vu Kreditter virschreiw wëllt a kann, bedeit dat net, datt auslännesch Banken, an dat ass haut och schonn ugeschwat ginn, sech dorunner hale géifen. Lëtzebuerg kann zwar, esou wéi et jo och am Gesetzesentwurf steet, frëndlech froen, datt déi auslännesch Banke just op där anerer Säit vun der Grenz sech dach wannechgelift ganz léif sollten eventuell, wann et hinnen duerno wier, un d'Konditiounen vun de Lëtzebuurger Banken halen, mee absolutt näischt garantéiert, datt iergendeen där Demanden och nokënn am Ausland.

Wa Lëtzebuerg sech an enger wirtschaftlech onstabiler Situatioun ermëfent an d'CSSF déi makroprudenziell Mesuren ergräife muss, ass et sécherlech alles anescht wéi wënnenswäert, datt sämtlech Clienten op eemol och nach de Sprong iwwert d'Grenz maachen an domadder d'Banken nach schwächen. Well eng vun deene wéinegen Einnahmequellen, déi d'Banken am Moment nach hunn, ass, Präten ze verginn. Wann also op eemol an enger schlechter wirtschaftlecher Situatioun lëtzebuergesch Clienten, fir Terrainen an Immobilien zu Lëtzebuerg ze kafen, hir Präten net méi kënnen zu Lëtzebuerg maache wéinst makroprudenzielle Reegelen a se déi dann awer zu Arel, zu Lonkech oder zu Tréier maachen, da schwäche mer domadder och nach d'Finanzplaz Lëtzebuerg.

Wann de Plang vun der Regierung also opgeet, mussen déi Leit mat de mannste Sue fir d'Fee-



ler vun deene mam meeschte Geld duerhalen. A wann et schifgeet, gëtt de souwisou scho wacklege System just nach weider geschwächt.

Esou engem Projet kann een onméiglech zoustëmmen. Dat gesot, wëll ech ganz zum Schluss nach seier umierken, datt bis elo och ëmmer nach net feststeet, ob d'Zentralbank fir d'Evaluatioun vum Risque systémique soll Zougrëff op anonymiséiert oder pseudonymiséiert Date kréien, obwuel d'national Dateschutzkommissioun drëm gebieden hat, datt dëst am Projet sollt preziséiert ginn.

Et gouf näischt dorunner gemaach. Dat heescht, mir stëmmen haut e Gesetz, dat och eis CNPD kritesch op engem bestëmmte Punkt gesäit. Am Kader vun all deenen Debatten ëm den Dateschutz an ëm d'Héichhale vum Dateschutz an an där Casiersdebatt, déi mer haten, mat deenen 62 Fichieren, déi eleng bei der Police ënnerwee sinn, sollte mer eis vläicht d'Fro stellen, ob een hei net hätt sollen, misse virsuergen. Et geet hei ëm Risikovermeidung. Ma beim Dateschutz geet et och ëm Risikovermeidung an hei hu mer dann erëm geschlof!

Deementspriedend wäerten d'Piraten dese Projet net matstëmmen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Mir sinn domat am Schluss vun der allgemenger Debatt ukomm. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt géif ech gär ufänken an dem André Bauler Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. A fir d'éischt setzen ech hei an de Kontext, wat den Objet vun dësem Gesetz ass: Den Objet vun dësem Gesetz ass net, de Problem vum Logement ze léisen. Dat ass net den Objet vun dësem Gesetz. Den Objet vun dësem Gesetz ass d'Stabilitéit finanzière vun eisem Land an d'Stabilitéit financièr vun eise Banken, an ech géif soen, d'Stabilitéit financièr vun de Menagen.

An den Deputéierte François Fayot huet dat gutt erkläert. Wou ass en, de Franz? En ass elo net do. En huet dat ganz gutt erkläert. Vu wou ass d'Kris vun 2008 hierkumm? Dass Prêt-immobiliere verpaakt gi sinn a finanzielle Produiten, déi een net méi gutt verstanen huet, wou een de Risk net méi gutt gesinn huet, an een dat de Leit vermëttelt huet. A wéi een du gemierkt huet, dass d'Valeur vun den Immobilien, déi doranner soi-disant verpaakt waren, erofgaangen ass, hate mer eng Weltfinanzkris.

Ech ka mech nach gutt erënneren, dass den Här Juncker op dëser Tribün 2008 gesot huet: „Et ass alles d'Schold vun Amerika. Mir hu mat där ganzer Saach näischt ze dinn.“ An en hat Recht! En hat Recht, mir hate guer näischt domat ze dinn. Mee et hat awer Repercussiounen op der ganzer Welt.

► **Une voix**.- Richtig!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An dofir, de Sujet haut ass, virsiichteg ze sinn a virzebeugen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Et geet also drëm ze evitéieren, dass eise finanzielle System iwwerbelaacht gëtt mat Risiken am Immobiliensektor. Et geet drëm, dass mer de Surendettement vun de Menagé verhënneren. An et geet leschten Enns - well wéi sollt et anescht sinn, wann eis Banken engem immense Risiko exposéiert wäeren an dee géif sech materialiséieren? - ëm eist Land an et geet ëm eisen Triple-A. Dorëms geet et!

Ech hunn awer wéineg doriwwer héieren, well, loosse mer soen, am Rapport vun Här Bauler dat ganz sachlech presentéiert ginn ass, mee an de Kriticken, déi komm sinn, mer komplett entschweift sinn. Fir nach op de Rapport vun Här Bauler ze kommen, deen exzellent war: En huet ganz richtegerweis ënnerstrach, dass mer jo net leegnen an och all Dag gesinn, dass et schwéier ass, den Accès un d'Propriétéit haut zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat wësse mer allegueren an dat verneint jo och keen. An dass do musse Mesuré geholl ginn, an do wäert ech nach drop zrëckkommen, ass evident.

En huet richtegerweis ënnerstrach, den Deputéierte Bauler, dass de Conseil d'État eng Rëtsch Kriticke gemaach huet, deene mer Rechnung gedroen hunn. De Conseil d'État huet méi Transparenz gefrot a mir hunn déi geliwwert, andeem mer déi Korridoren, op déi ech och nach ze schwätze wäert kommen, kloer an den Text geschriwwen hunn.

D'Chambre de Commerce ass oft zitéiert ginn. Si huet awer ënner anerem eppes ganz Richteg

ges gesot: Eise gréisste Problem am Logement ass deen, dass mer eng Diskrepanz hunn zwëschen der Offer an der Demande. An dat ass net hei de Sujet.

An dann, leschtens, wéilt ech ganz kloer soen, dass d'Formulatioun, déi den Deputéierte Franz Fayot gewielt huet, déi ganz richtig ass: Mir sinn hei konfrontéiert mat engem Symptom a mat den Ausléiser. An et ass esou, wéi een d'Situatioun muss analyséieren.

An ech deelen och d'Analys vum Deputéierte Benoy iwwert d'Wichtigkeet, sech op d'Offer ze konzentrieren an do Léisungen ze fannen. An dorobber schaffe mer als Regierung an ech wäert elo net ervirhiewen, wat mer scho gemaach hunn. Mir hunn e Fonds spécial gemaach a mir wäerten och an der Steuerreform e groussen Accent op déi ganz Problematik setzen.

(Interruptions)

Nun déi, déi allegueren hei wëllen dergéint stëmmen, an dat ass natierlech hiert gutt Recht: Dir stitt natierlech par rapport zur internationaler Welt a par rapport zu de Recommandatiounen, déi mer vun der Europäescher Zentralbank kruten iwwert den European Systemic Risk Board, den ESRB, a Kontradiktioun, Dir sidd a Kontradiktioun mam FMI, Dir sidd a Kontradiktioun mat der OCDE, ...

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- ... fir d'éischt mat eise Bierger.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, jo! ... mee déi eis jo drop opmierksam maachen, dass mer hei e Risk hunn. An et ass e Risque à moyen terme. Dat soe se jo allegueren. Et ass e Risque à moyen terme.

Wann ech da gefrot ginn: Hu mir zu Lëtzebuerg haut eng Bulle? Et ass warscheinlech wouer ze soen, dass mer à court terme keng hunn. A mat deem heite Gesetz wäerte mer sécherstellen, dass et och esou bleift! An ech mengen, dat ass déi beschte Noriicht fir eis Bierger, dass mer alles maachen, fir dass mer keng Bulle kréien. A genau dofir maache mer dëst Gesetz.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Une voix**.- A wou ginn d'Leit da wunnen?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Den Här Wagner ...

► **Une autre voix**.- Ma an hir Bulle!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Den Här Wagner an e puer anerer ...

(Brouhaha)

... hu kritiséiert, dass mer zu Lëtzebuerg eng Mesure hu wéi déi Fonds d'investissement spécialisés. Ech kann lech soen, dass mer dat wäerten an der Steuerreform änneren. Dat steet och am Koalitiounsvertrag. Ech hunn dat net erfondt. Dës Regierung huet dat net erfondt. Do sinn elo Abusen amgaang an dat wäert geännert ginn. Dat ass eng richtig Kritik, mee déi huet näischt mat dësem Gesetzestext ze dinn.

Ech wëll just dem Här Wagner soen, dass ech dat ganz sympathesch fonnt hunn, dass e gesot huet, dass dës Regierung scho siwe Joer am Amt ass. Et sinn der nëmme sechs. An et ass scho wichteg, dass ee richtig zielt.

(Brouhaha et interruptions)

► **Une voix**.- Gefillte siwe Joer!

► **Une autre voix**.- Et ass scho vill ze laang.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Sidd net esou ongedëlleg!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dëst gesot, wéi gesot, mir reagéieren hei op eng Demande vun internationalen Organisatiounen, déi dofir zoustänneg sinn. A mir hunn zwee Bréiwer vum ESRB kritt oder vun der Europäescher Zentralbank, zwee Stéck. A mir hunn zweemol drop geäntwert an déi Response ass och public. Si ass guer net geheim. Mir hunn och do ënnerstrach, dass mer e gewëssent Verständnis hu fir d'Analys vun der Zentralbank, ënner anerem dass à moyen terme e Risk besteet, ënner anerem well do ënnerstrach gëtt, dass mer zu Lëtzebuerg e Verscheldungsgrad hunn, dee mat deen héchsten a ganz Europa ass. Dat muss een awer zur Kenntnis huelen an dat kann een net verleegnen.

Mir hunn natierlech och ënnerstrach, dass mer ee vun den Taux de défaillance hunn, deen dee klengsten ass an Europa. Dat hu mer och ënnerstrach. Dat kënnt Der alles an eiser Antwort noliessen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Erlaabt Der, Här Finanzminister, dass den Här Gibéryen lech eng Fro stellt?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Zum Schluss vläicht, dann hu mer eng kohärent Diskussioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Gutt.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Wat hu mer dann elo, an ech insistéieren do drop, wat mer hei maachen: U sech gi mir eis hei Instrumenter. Mir ginn eis hei Instrumenter. Dat hei ass eng transparent Politik, déi mer maachen, andeem mer déi verschidden Instrumenter opzielen an och déi Korridoren, op déi ech elo nach gläich ze schwätze kommen, dass mer eis déi ginn. Déi meescht Länner hunn dat schonn allegueren. Wa mir eis déi Instrumenter ginn, dann heescht dat jo net, dass se haut oder muer onbedéngt aktivéiert musse ginn. Punkt Nummer 1.

Punkt Nummer 2: All déi Instrumenter, déi opgezielt ginn, déi mussen net all kumulativ applizéiert ginn. Déi Instrumenter, déi applizéiert ginn, déi kann ee moduléieren. Bei engem Krittär kann ee soen: „Dat do gëllt nëmme fir d'zweet Haus“, oder et kann ee soen: „Et applizéiert sech nëmme op d'Hallschent vun de Kreditter.“ Bref, hei ass nëmme eng Këscht mat Instrumenter, mat Geschier, wéi een dat kann e bësse lenken. A fir dann hei d'Impressioun ze ginn, dass doduerch (veuillez lire : dass dat schlecht wier), dass mer hei, éischstens, op international Hiweiser vu respektabelen a ganz wichtigen internationalen Organisatiounen hin eis just d'Instrumenter ginn, wat déi eis och empfueh hunn, ass jo net ganz iwwerzeegend.

Wat sinn dann elo déi Ratioen? Ech bleiwen elo bei deem éischte stoen: de Ratio tëschent dem Prêt, deen ee mécht, a wivill ee selwer muss bréngen, de Ratio „prêt-valeur“, op Englesch „loan to value“. Ech ginn dovunner aus, dass déi meescht Deputéiert, déi hei am Sall sinn, selwer jo am Liewen emol geléint hunn.

Wat ass dat Éischt, wat de Banquier lech seet, wann Der op d'Bank gitt? Ma e seet lech: A wivill bréngt Der da selwer? Dat ass haut an dat ass säit Joerzénkten de Fall. A wivill freet de Banquier? Normalerweis ee Véierel, een Drëttel. Dat ass dat Normalst, dat ass nach ëmmer esou gewiescht! A wat schreiwe mer hei? Dass dat am Korridor zwëschen 75 % an 100 % soll sinn. Wat heescht dat, wann et 100 % wier?

(Interruption)

An haut hu mer nach iwwerhaapt keng Limit. Bei 100 %, wat jo nach am Korridor dran ass, heescht dat, wann Der bei de Banquier gitt an Dir léint gär Suen, fir en Immobilier ze kafen, fir eng Wunneng ze kafen, dass de Banquier géif soen: „Dir braucht guer näischt opzebréngen. Mir léinen lech 100 %.“ Huet schonn ee vun lech dat erlieft?

► **Une voix**.- Jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo? Tant mieux, tant mieux ! Mee ech mengen, de gesonde Mënscheverstand seet engem, dass een ëmmer selwer eppes muss opbréngen. An dat ass elo nëmme ee vun de Krittären, deen ech hei wëll illustréieren. Dee Krittär vu Prêt par rapport zu deem, wat ee selwer muss opbréngen, ass eppes, wat mer säit Joerzénkten, jo, an ech wëll soen, wann net Joerhonnerten hunn. An dat gëtt dann hei kloer geschriwwen, dass dat e Korridor ass, wou ee sech kéint virstellen, dass d'Banken sech drun halen.

Ech ginn elo net op déi aner Krittären an. Ech wëll just derbäisoen, dass virun deem, dass mer déi Korridore festgesat hunn, mer en Entretien mat alle wichtigen Akteure vun der Plaz, mat alle Banken vun der Plaz gefouert hunn, fir ze wëssen, wéi hir Politik ass a wéi se sech situéieren par rapport zu deene Korridoren. Eh bien, ech kann lech soen, all d'Banken sinn domat à l'aise, well si befanne sech genau an deene Korridoren. Ze maachen, wéi wann déi Korridoren immens streng wäeren an automatesch heesche géifen, dass d'Banken dann domadder Problemer hätten, ass net richtig.

(Interruptions)

Zum Ofschloss wéilt ech soen, dass mer hei-madder en fait eist Land virbereeden, eist Land och en fait à égalité setze mat ville vun eisen Nopeschlänner a vun anere Länner an Europa, déi esou Instrumenter scho laang hunn. Mir hätten och kënnen de Kapp an de Sand stiechen an éischstens emol deene Recommendationen, well mir kruten déi Recommendationen jo aus der Europäescher Zentralbank, einfach net nolauschteren, de Kapp an de Sand stiechen.

An deen Dag, wou eng Kris wär, dat wär e battere Reveil gewiescht! Well dann hätte mer gesot: „Kënnen mer déi Instrumenter unwenen oder net? Wat fir eng Instrumenter wenne mer un oder net?“ An dann hätte mer e richtige Schock gehat an amplaz préparéiert ze sinn, hätte mer en fait missen zouginn, dass mer net virgesuergt hunn, dass mer net virsiichteg waren. Hei ass eng Saach vun der Prudence. Ech kann lech soen, mir wäerten - an ech wäert do-

mat ofschléissen - am Comité du risque systémique derfir suergen, dass dat heiten op déi seriööst Aart a Weis wäert iwwert déi nächst Jore gekuckt ginn.

Mir sinn eis eens ginn am Comité du risque systémique, wou vertruede sinn: d'Lëtzebuerger Zentralbank, d'CSSF, de Commissariat aux assurances an de Ministère des Finances, mir sinn eis eens ginn, dass et am Interêt vum Land wär, eis déi Instrumenter ze ginn.

Fir déi Instrumenter ze tätegen, a wéi gesot, déi kënnen eenzel getätegt ginn, déi kënnen partiell getätegt ginn, muss een dat am Comité du risque systémique presentéieren a verteidegen. An dann eréischt kann een op deen nächste Schrëtt eriwiergoen. Ech mengen, dass dat heiten eng rasonabel a virsiichteg Politik ass, déi mer hei en place setzen, wou all d'Akteure ronderëm den Dësch sëtzen a wou mer en fait eppes Guddes fir d'Finanzstabilitéit vun eisem Land, vun eise Menagen a vun eise Banke maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Finanzminister. Wéi ofgemaach hu mer zwou Demandé fir Prezisiounen oder Froen: den Här Gibéryen an dann den Här Roth.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Den Här Finanzminister huet eis gesot, wat déi zwee Bréiwer ubelaangt vun der Zentralbank a wat d'Antworten ubelaangt, déi wiere public. Ech muss lech éierlech soen, ech hunn elo net gewosst, wou déi solle public sinn. Ech mengen, mir hu se och net als Finanzkommissioun zougestallt kritt.

Ech wollt duerfir froen, ob de Minister bereet wier, der Chamber souwuel déi zwee Bréiwer vun der Zentralbank wéi d'Antworten vun der Regierung un d'Zentralbank op déi Bréiwer zoustellen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, op jidde Fall.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Kloer Fro, kloer Antwort. Den Här Roth, wannechgelift.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech soen dem Finanzminister Merci fir seng Explikatiounen. Ech hu just eng Fro. En huet virdu gesot, zum groussen Erstaunen awer, mengen ech, vun net weinegen Deputéierten heibannen, dass elo schonns d'Leit missten en Deel Eegekaptal matbrénge fir Prêten. An en huet do e Chiffer genannt vu bis zu engem Drëttel.

Da géif ech hien also froen, wann een esou rechent: En duerschschnëttleche Prêt, vläicht 600.000 Euro, dat geet duer, fir eng Immobilie vu 500.000 Euro ze kafen, well do, wéi gesot, nach d'TVA derbäikënn, et kommen nach Aktkäschten, et gëtt nach Supplementen. Da géif dat jo bedeuten, een, dee 600.000 Euro léine geet, dass dee misst der Bank, wann e léine geet, wann e säi Prêt ufreet, 200.000 Euro Fonds propres bréngen?

Dir wësst, dass mer viru Joren e Gesetz gestëmmt hunn, dass all Depot, deen ee bei engem Bank huet, bis zu 100.000 Euro garantéiert ass, driwwer net méi. Da stellen ech lech d'Fro, wivill Menagen oder Privatpersounen hei am Land dann Depoten hu vun iwwer 200.000 Euro.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech maachen hei keng Rechebeispiller mat lech.

(Brouhaha)

Ech maache keng Rechebeispiller, well et ass nämlech net de Sujet. Ech ginn net op déi Saachen an, well et ass net de Sujet. Ech soen lech just, wat ech a mengem Liewen an de leschte 35 Joer erlieft hunn. Wann ech op eng Bank gaange sinn an ech hu gefrot, fir Sue geléint ze kréien, hunn ech dat dote systematesch geäntwert kritt. A wann ech a mengem Frëndeskrees ronderëm schwätzen, kréien ech ëmmer gesot, dass d'Banken ee Véierel als Eegekaptal verlaangen. Dat ass d'Realitéit vun haut.

A wann ech lech da soen, dass de Korridor erlaabt, dass ee kann tëschent 0 % a 25 % froen, da gesäit ee jo, wivill Flexibilität doranner ass. Dat heite Gesetz wëllen duerstellen, wéi wann dat géif de Kreditt zu Lëtzebuerg vun haut op muer méi schwéier maachen, ass einfach net kredibel.

Ech soen lech Merci.



► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **Une voix.**- Dat ass net iwwerzeegend.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7218 iwwergoen.

D'Ofstëmmung ...

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Et sinn nach Motiounen do.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, déi kommen duerno, wéi ëmmer.

(Brouhaha)

Merci.

Also, mir stëmme fir d'éischt iwwert d'Gesetz of an, esou wéi mer et ëmmer gemaach hunn, dann iwwert d'Motiounen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7218 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. De Vott ass elo ofgeschloss.

31-mol Jo, 21 Abstentiounen, 8-mol Nee. Domat ass de Projet de loi 7218 ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marco Schank) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

► **Plusieurs voix.**- Neen!

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Voilà ! Ech hunn hei e klore Jo no engem ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Staarken Neel

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... no engem staarken Nee. Also ech ginn dovun aus, dass d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott freet.

(Assentiment)

An da géife mer zu de Motiounen iwwergoen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ... enthält sech herno.

(Hilarité et interruption)

► **Une voix.**- Dat ass d'Grousskapital, wat ...

► **Une autre voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, ech sëtzen heiuwen, ech därerf kee Kommentar maachen.

(Hilarité)

Motion 1

A mir géifen zu de Motiounen iwwergoen. Fir d'éischt déi éischt Motioun, déi vun de Kollege vun der CSV abruecht ginn ass. Ass vun der CSV dat kloer erkläert? Wie wëllt d'Wuert dozou ergreifen?

(Interruptions)

Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President. Mir hunn eis déi Motioun ugekuckt. Ech wëllt awer fir d'éischt eppes doriwwer soen,

dass ee vun de Riedner, déi douewe stoungen, de Rapport vun IDEA zitëiert huet. En huet dat net zitëiert, wat am Rapport IDEA steet. En huet zitëiert aus engem Artikel vun enger Boulevardszeitung, déi freides erauskënnt, an en huet net wuertgetrei dat zitëiert, ...

(Interruption)

O dach! O dach!

An ech géif mer wënschen, wa mer douewen zitëieren, da solle mer, wannechgelift, och de richtige Wuertlaut zitëieren. Soss leet mer deem déi nächste Kéier, wannechgelift, dohinner!

(Interruption)

Mat dësem Projet de loi gi mer eis en Instrument, Instrumenter, déi net mussen direkt applizéiert ginn, awer Instrumenter, déi eng Stabilitéit, eng finanziell Stabilitéit garantéiere fir d'Land, fir d'Banken, fir d'Menagen, e virsichtegt Instrument, wat mer kënnen asetzen, wat aner Länner schonn hunn a wat de Surendettelement bei eis am Land wäert limitéieren.

An dofir géif ech lech proposéieren, ... Bei där heiter Motioun proposéieren ech menger Fraktioun, se net ze stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Keng weider Wuertmeldungen?

► **M. Gilles Baum** (DP).- Ech kann net fir d'Sozialiste schwätzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Da géif ech zur Ofstëmmung iwwert déi éischt Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

An d'Resultat ass: 31-mol Nee an 29-mol Jo. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Motion 2

A mir géifen zur zweeter Motioun iwwergoen, abruecht vun de Kollege vun déi Lénk an, mengen ech, och explizéiert.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou?

Den Här Baum nach eng Kéier.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Also den Här Baum vun der Majoritéitssäit.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Jo, jo! ...

► **M. Gilles Baum** (DP).- Du kanns mer jo elo äntweren.

(Hilarité)

Bon, Här President, mir hunn eis och déi ugekuckt. Mir hunn hei eng ganz Rei Froen, déi vum Marché immobilier handelen, wat am Fong net wierklech d'Theema vun deem Projet de loi ass. An Dir wësst, dass mer amgaange sinn, eng Réforme fiscale ze maachen. A grad de Logement wäert an der Steuerreform e ganz groussen Impakt hunn. An dofir géif ech och menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzedoen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Keng weider Wuertmeldungen? Dach, den Här Wagner!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech hunn elo d'Argumentatioun vum honorabelen Här Baum - Gilles Baum - net onbedéngt verstanen. Parce que l'un n'empêche pas l'autre!

Dat heiten, wann ech richtig verstanen hunn, déi Motioun, déi mir deposéiert hunn, déi entsprécht jo och enger Fuerderung vun zwee Drëttel vun der Regierungskoalitioun. Also déi gréng hunn dat gefrot an d'LSAP huet och gesot, dat misst ee maachen.

Mir deposéieren d'Motioun dozou. Ech fannen et och e bësse befriendend, datt weeder déi gréng nach d'LSAP Stellung dozou huelen, wa se dergéint stëmmen. Wann ech dat richtig verstanen hunn. Mee si maachen, wat se wëllen. Si musse jo net Stellung huelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ma vläicht, fir an der logescher Suite ze bleiwen, kënnt eng Äntwert dozou? Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech menge schonn, dass mer et hei mat engem Phänomeen ze dinn hunn, dee mer méi mussen analyséieren, wou ee vill Rumeuren héiert, wou ech mer selwer, muss ech lech soen, kee kloert Bild ka maachen, inwiefern am ganze Land nottament déi international Investitionsfongen am Immobilieberäich spillen, wéi wäit se wierklech de Marché beaflossen. Duerfir si mir schonn der Meinung, dass dat doten eng Fro ass, déi ee muss kucken, ob dat méi e marginale Phänomeen ass, ob dat tatsächlech e Phänomeen ass, dee ganz staark awierkt. Ech mengen, kee vun eis kann dat dote richtig gesinn.

Duerfir wär d'Propos, déi ech géif maachen, dass mer déi heite Motioun vläicht an d'Logementskommissioun géife verweisen, dat gehéiert jo e bëszen zu deem ganze Beraich, an dass mer déi dote Motioun géifen an der Logementskommissioun kucken.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Clement huet d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Eischtens hunn ech, genausou wéi den Här Wagner, Problemer domat, dem Här Baum seng Analys heivunner ze verstoen, well wou ginn d'Leit am meeschte Prête maachen? Dat ass nun emol am Logement. Nom Logement kënnt meeschtens nach den Auto. An da komme schonn d'Crédits à la consommation.

Dat heescht, wa mer iwwer makroprudenziell Reegele schwätzen, wou et ëm Prête geet, dat geet et direkt emol ëm de Logement. Deementspriedend denken ech, datt déi Motioun hei schonn zum Thema schwätzt.

Dat Zweet, wat ee muss soen dozou, ass, datt bei där Motioun hei méi Transparenz an engem dach relativ opaquë Feld gefuerdert gëtt. Et gëtt gefuerdert, d'Donnéen ze sammeln, d'Donnéen oppenzeleeën, fir datt mer net nëmmen heibannen, mee op der Place publique kënnen e richtigen Discours, eng richtig Debatt hunn iwwert den Impakt vun dëse steieroptiméierende Strukturen, déi déi Fonds immobiliers spécialisés sinn.

An deementspriedend denken ech, datt een deem heite kann zoustëmmen. Et gëtt net opgefuerdert, datt d'Regierung se ofschaaft. Et gëtt net opgefuerdert, datt se geännert ginn. Et gëtt just opgefuerdert, datt mer Transparenz schafen, soudatt d'Biergerinnen an d'Bierger zesumme mat eis heibannen iwwert den Impakt vun dëse Strukture kënnen diskutéieren.

An deementspriedend, mengen ech, sollt een dat och net an enger Kommissioun maachen, wou d'Biergerinnen an d'Bierger eréischt herno aus dem PV gewuer ginn, wéi diskutéiert gouf, mee dat sollt een dann och ëffentlech maachen. An dat gehéiert zu engem groussen Debat derbäi.

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo. Dann huet den Här Roth d'Wuert.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen och Merci der Fraktioun vun déi Lénk, déi dat hei schrëftlech abréngen.

Et ass effektiv e Problem, dass besonnesch déi Fonds d'investissement spécialisés, eng Struktur, déi zu bestëmmten Zwecker sengerzäit agefouert gouf, dass déi awer denaturéiert gëtt an dass se méissbraucht gëtt, fir rücksichtslos Spekulationen zouzeloossen.

Wa mer iwwert d'Motioun wäerten ofstëmmen, da wäert d'CSV-Fraktioun sech enthalten, well mir mat eppes net d'accord sinn, dat ass, dass dosteet: „ainsi que des sociétés privées nationales et internationales“. Och eng einfach Sàrl oder eng SCI, dat heescht eng Société civile immobilière, wou oft Privatleit déi hunn, fir hire Patrimoine familial ze strécken, ech

mengen net, dass dat d'Chamber a priori eppes géif ugoen. D'autant plus, wou déi Gesellschaften alleguerte fiscalement transparent sinn.

Nichtsdestotrotz kënne mir awer och liewe mat deem Vorschlag, deem den Alex Bodry gemaach huet, well et e seriöse Problem ass. An et soll een en net doutschweigen. Ech mengen, dat soll ee soen. Mir hunn haut vill reng iwwert de Mechanismus vun dësem Gesetzesprojet geschwat an dass et och drëms geet, fir de gesamten Immobilieproblem an onsem Land, de Logementsproblem an onsem Land ze erfaassen.

Duerfir hätte mer eigentlech déi gréisste Sympathie un enger éischer Stell, fir d'Motioun an déi zoustänneg Chamberskommissioun ze verweisen, mee dass een awer och eng Kéier déi finanziell Implikatiounen mat der CSSF zesummen an der Finanzkommissioun kuckt.

A wa sollt drop gehale ginn, fir ofzestëmmen, wäert d'CSV sech enthalten aus deene Grënn, déi ech lech elo gesot hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Den Här Gibéryen an dann d'Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President, ...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech mengen, datt et ...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Gibéryen an „dann“ d'Madamm Lorsché.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech mengen, Här President, datt et eng wichteg Motioun ass, déi d'Kollege vun deene Lénken ageerecht hunn. Dat beweist d'Diskussioun, déi mer elo grad hei gefouert hunn.

Ech mengen, den Här Baum huet gesot, mir wieren en vue vun enger grousser Steuerreform, an ech géif grad mengen, datt en vue vun enger grousser Steuerreform esou e Rapport, detailliéierte Rapport iwwert deem heite Problem eng Viraussetzung ass, fir datt een iwwerhaupt kann eng grouss Steuerreform maachen!

Also, et ass keen Argument, fir en net ze maachen. Mee et ass grad een Argument, fir esou e Rapport ze maachen, fir datt ee weess, wann eng Steuerreform ass, wat effektiv d'Realitéit ass a wat een dorunner muss kënnen ofänneren. Duerfir, mengen ech, ass dat Argument net gutt.

Den Här Bodry huet proposéiert, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Bon, ech mengen, et sinn d'Kollege vun deene Lénken, déi mussen decidéieren, ob se se zur Ofstëmmung bréngen oder an d'Kommissioun iwwerweisen. Mir hunn als ADR déi selwecht Problematik, déi den Här Roth hei ugeschnidden huet, och diskutéiert, wat déi „sociétés privées nationales et internationales“ ubelaangt, well dat éischtens eng Onmass ass, déi och net onbedéngt bekannt sinn. A wéi wier et iwwerhaupt méiglech, fir alles, wat do dran ass, an deene Sociéitéten, fir dat och kënnen nozevollzéien, ze definéieren, wéi d'SClen, wéi vill Leit se hunn, déi, wéi de Kollege Gilles Roth et och gesot huet, hei am Land an am Ausland SCle maachen, fir hir eegen Immobilien als Famill ze geréieren? Dat ass schonn eng Komplexitéit, a virun allem do menge mir, datt ee misst vläicht eng méi kloer Formulatioun kréien, fir genau ze wëssen, wat een do wëllt kucken.

Mir sinn net dergéint! Ech wëll dat kloerstellen. Awer et ass just, fir d'Definitioun ze kréien, wat ee genau do an dee Rapport wëllt erakréien.

Duerfir géife mir et och begrëssen, wann et an d'Kommissioun kéint goen. Net, datt déi Motioun begruewe soll ginn, mee datt déi Motioun kéint - am Dezember hu mer dräi Sitzungen - erëm hei an d'Chamber kommen, wou d'Kommissioun vum Logement dann eng Kéier driwwer géif befannen an dann eventuell géif versichen, eng Kloeerheet ze bréngen, déi „sociétés privées nationales et internationales“, datt een dat géif méi kloer ëmraissen an der Motioun. Mir wieren och duerfir frou, wa se an d'Kommissioun géif goen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Dann huet d'Madamm Lorsché d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Jo, Merci, Här President. Also, mir hunn ugefaange mat engem Projet de loi, deem ënnert der Verantwortung vum Här Gramegna steet. Ech muss awer feststellen: De Logementsminister ass guer net hei. An dofir begrëisse mir och d'Iddi, an d'Logementskommissioun ze goen, wou a senger Präsenz driwwer diskutéiert ka ginn, well awer och e Logementsminister matdiskutéiere muss kënnen, wann et ëm déi Problematik geet. An dat hei ass e wichtige Sujet, deem eis alleguer betrëfft.

Dofir ënnerstëtze mer d'Iddi eeben, an der Logementskommissioun oder eeben an enger



Commission jointe doriwwer ze diskutéieren an elo net hei ouni d'Presenz vum Logementsminister ...

(Brouhaha)

... schonn iwwert den Text ze debattéieren.

An dofir Merci fir d'Ënnerstëtzung, fir an d'Logementskommissioun domat ze goen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, ech wëlt nach eng kéier d'Wuert huelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, den Här Gibéryen huet nach eng kéier d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Den Här Bodry hat d'Logementskommissioun proposéiert. Mir hunn dat och ënnerstëtzt. Mee wa mer zwar richteg kucken, ass et eng steierpolitesch Saach, soudatt ech géif proposéieren, datt mer eng Jointe sollte maachen, d'Logementskommissioun mat der Finanzkommissioun. Well ech mengen, datt hei awer och d'Experte vun der Steierverwaltung oder vum Finanzministère missten derbäi sinn, fir déi Fro do ze klären.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Mir hunn also hei eng konkret Propos. Also mir hunn eng Motioun hei leien, wou am Ufank drop gehale ginn ass, fir driwwer ofzestëmmen. Ech géif awer d'Auteure froen, ob si mat där Proposition de compromis d'accord sinn, fir se an déi zwou Kommissiounen eranzeginn.

Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, Här President. Jo, absolutt. Ech mengen, et ass eng ganz gutt Proposition, well mir spiere jo och, datt den Interesse grouss ass, vu ville Säiten, hei innerhalb vun der Chamber, bause vum der Chamber och, fir eng kéier do Kloecheit ze schafen, well et gëtt ëmmer driwwer geschwat, mee et ass ni richteg ze gräifen.

Datt mer och an der Motioun vläicht gewësse Saachen e bësse flou definéiert hunn, dorunner soll et jo net scheitern. Ech mengen, et ass eng gutt Saach, datt mer doriwwer diskutéieren, esou schnell wéi méiglech awer, fir datt et net an de Vergiess geréit, an datt mer vläicht och eng Jointe maache mat der Finanzkommissioun, d'autant plus, datt et en amont vun der Steuerreform jo interessant wär ze kucken, wéi den État des choses op deem Niveau ass.

Dat heescht, mir begrëssen dat, datt et an d'Kommissioun Logement oder an eng Commission jointe - à voir - verwise gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ass eng Jointe méiglech?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wa mer Datume fannen, matzäit, jo.

► **Une voix**.- Wou ass dann do de Problem?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Gutt, da wär dat esou decidéiert. Mir brauchen dann net iwwert d'Motioun ofstëmmen ze loossen an d'Chamber ass unanime der Meinung, dass mer se an d'Kommissiounen sollen iwwerweisen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mee net aux calendes grecques!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Net aux calendes grecques.

A wann ech mer därerf erlaben, e klenge Pefferkär bäizefügen, géif dat och eng Geleeënheet ginn, fir eis ze informéieren, wéi dann elo a Wierklechkeet d'Critères d'attribution vun der Prête sinn am Moment bei de Banken, an och sécherstellen, dass net „in vorausseilendem Gehorsam“ deen heiten Text géif applizéiert ginn am Secteur.

Merci gesot.

A, den Här Baum freet nach d'Wuert.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Nach e Wuert, pardon! Et ass vum Kolleeg Wagner gesot ginn, dass mer averstane wären, fir dat doten an d'Kommissiounen ze huelen „esou séier wéi et geet“.

Ech liesen awer elo an der Motioun « à produire dans les six mois à venir ». An ech mengen, wa mer deen dote Rapport wëllen opstellen, mat deene Problemer, déi opgewise gi si vum Här Roth a vum Här Gibéryen, och besonnesch wat d'Sociétés privées nationales ugeet, mengen ech, sollte mer awer wierklech eis dann och déi Zäit gi vun deene sechs Méint, fir dat heiten hei ze produzéieren.

(Brouhaha et interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- D'Kommissioun befaasst sech mam Sujet, net mam Wuertlaut vun der Motioun. Dofir mengen ech, ...

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... wär déi Suerg berücksichtegt. Merci gesot! Domat wäere mer um Enn vun den Diskussiounen iwwert dese Projet.

7. 7408 - Projet de loi relatif à l'Office du Ducroire Luxembourg

Mir kéinten zum nächste Projet iwwergeen, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, beim Projet de loi 7408, deen eis elo befaasst, geet et ëm den Office du Ducroire hei vu Lëtzebuerg.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, beim Projet de loi 7408, deen eis elo befaasst, geet et ëm den Office du Ducroire hei vu Lëtzebuerg.

D'Zil vum Gesetzestext ass et engersäits, fir d'Mandat vum Office du Ducroire ze erweidern, an anerersäits, fir seng Struktur a säin internt Funktionement ze moderniséieren. Dës Ofännerunge sollen ënnert dem Stréch dozou bäidroen, datt d'Aarbechte vum Office an Zukunft nach méi effikass ginn an d'Servicer do-duerch besser op déi eenzel Besoine vun den Entreprisë kënnen agoen.

Éier ech méi op den Detail vum Projet de loi aginn, erlaabt mer, e puer Wuert iwwert den Office du Ducroire selwer ze soen.

Den Office du Ducroire, oder kuerz „ODL“, ass 1961 als Établissement public an d'Liewe geruff ginn. Zënterhier ass seng Missioun, fir déi ekonomesch a finanziell Relatiounen an engem internationale Kontext ze fërdere, haaptsächlech duerch d'Couverture vu Risiken am Beräich vun den Exportatiounen an den Importatiounen souwéi den Investissementen.

Duerch eng Konventioun tëschent dem ODL an dem Staat, déi dee sougenannte „Comité pour la promotion des exportations luxembourgeoises“, kuerz COPE, gegrënnt huet, ënnerstëtzt den ODL zënter 2002 och zousätzlech lëtzebuergesch Exporter iwwert de Wee vun enger Participatioun un de Promotiounsfraisen, den Exportfraisen oder der Formatioun. Den ODL hëlleft de Betriber also, sech iwwert d'Grenzen eraus ze entwëckelen, Handelspartner ze fannen an esou am Ausland Fouss ze faassen. An anere Wieder: Hien dréit zu der Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg a vun de Lëtzebuerger Entreprisë bäi.

Wat d'Envergure vun deem Ganzen ugeet, esou ass eis an der Kommissioun preziséiert ginn, datt den ODL op den 31. Dezember 2018 mëttel- a laangfristeg Engagementer vu ronn 600 Milliounen hat. Dat ass jo schonn eng beachtlech Zomm.

Dir gesitt also, léif Kolleeginnen a Kollegen, och wann den Office du Ducroire ville Leit vläicht onbekannt ass, esou erfëllt hien dach eng ganz wichteg Missioun fir de Lëtzebuerger Handel, dat besonnesch am Kontext vun der Globalisatioun, där hiren Impakt op d'Entreprises an de leschten zwee Jorzéngten an d'Luucht gaangen ass.

Den ODL, par contre, huet sech iwwert d'Zäit kaum verännert. Seng Struktur a säin internt Funktionement sinn nach ëmmer bal déi nammlechte, wéi se am Grënnungsjoer woren. Dat ass scho bal 60 Joer hier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genau aus deem Grond gëtt d'Gesetz iwwert den ODL mat deem Projet de loi iwwerschaaft. D'Zil ass et, mat deem Projet de loi déi beschte Viraussetzungen ze schafen, fir datt den ODL den Entreprises déi beschte Expertise, Berodung an Ënnerstëtzung mat op de Wee ka ginn. Dat betrëfft, wéi gesot, besonnesch zwee Punkten: Engersäits gëtt d'Mandat vum ODL erweidert an anerersäits gëtt u senger Struktur gefréckelt.

Fänke mer mat der Erweiderung vum Mandat un: Den Auteure vum Gesetz no géif dës Erweiderung dem ODL an Zukunft besser erméiglechen, op déi ënnerschiedlech Demandé vun de Lëtzebuerger Entreprises anzegoen. Effektiv hunn d'Erwaardunge vun de Betriber an der leschter Zäit net nëmmen zougeholl, mee sech och verännert. Et misst ee sech dem internationale Kader upassen, fir ze verhënnern, datt et zu engem Nodeel vun de Lëtzebuerger Betriber kënnt.

Dat treëft besonnesch op alles zou, wat mat der Ënnerstëtzung duerch d'ëffentlech Hand ze dinn huet. Beispillsweis kënnt dofir d'Aktivitéit vum sougenannte „soutien public“, dee jo zënter 2002 iwwer eng Konventioun mam Staat gereegelt ass, mat deem Gesetz als „mission à part“ an d'Gesetz stoen. Dës finanziell Hëllef kënnen a Form vu Remboursementen oder a Form vun Avancen un d'Entreprisë fléissen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech kommen zum zweete Volet vun deemem Projet de loi. Dee betrëfft d'Struktur, d'Organisatioun an dat internt Funktionement vum ODL. Am Moment ass et nach esou, datt d'Sekretariat weeder den ODL ka representéieren nach eng Ennerschrëft huet. D'Sekretariat ass a sengem Wierken deemno relativ ageschränkt. Seng Mataarbechter kënnen net eegestänneg Entscheedungen huelen, obwuel si iwwert déi lescht Joren ouni Zweiwel deen néidege Savoir-faire dofir opgebaut hunn.

Mat deemem Projet de loi gëtt den organisatoresche Kader vum Office du Ducroire deenen aneren ëffentlechen Etablissementen ugepasst. Den ODL kritt ënner anere e Conseil d'administration, deen aus mindestens aacht Membere besteet, an och eng Direktioun, déi sech aus engem Direkter a sengem Adjoint zuesummesetzt. D'Direktioun këmmert sech an Zukunft ëm d'Dagesgeschäft vum ODL.

De Projet de loi bitt zudeem d'Méiglechkeet, fir sougenannt Comité-techniquen an d'Liewen ze ruffen. Dës Kommitteë kënnen op Decisioun vum Conseil d'administration hin dem ODL a bestëmmten, méi technesch ugehaachten Dossieren oder Thematiken zur Säit stoen an hie beroden. Dat wäert och zu der Qualitéit vu sengen Aktivitéiten bäidroen.

Här President, fir de Rescht Einzelheeten an Detailer géif ech gären op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Zum Schluss nach e puer Wuert zu den Avisen. Nieft den zwee Aise vum Staatsrot krute mir och en Avis vun der Handelskummer, der Kummer vun de Staatsbeamten an Employéen an der Chambre des Métiers.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Déi dräi Kummere ware bis op e puer kleng Nuancen averstane mat dem Objet vum Projet de loi.

Ech wëll awer nach ervirsträichen, datt d'Co-fibu den 19. November e Bréif un de Conseil d'État geschriwwen huet, well am Eifer des Gefechts sech eng Erreur matérielle bei der Numerotatioun vun den Artikelen ageschlocht hat. Mir haten en Artikel 1 an en Artikel 1A an de President huet un de Conseil d'État geschriwwen, fir eeben déi Erreur matérielle evirzehiewen an ze soen, den Text géif awer an enger normaler Numerotatioun lech hei presentéiert ginn.

Dës gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och heimat den Accord vun der DP-Fraktioun zu deemem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Arendt. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Mir hu virdru vill iwwer Immobilieriske geschwat. Déi kéier geet et hei iwwer eng aner Zort vu Risiken, déi vum Import an Export, déi ganz wichteg si fir déi lëtzebuergesch Entreprises. Den Här Rapporteur Guy Arendt, deem ech Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, huet dat op eng roueg, detailéiert a kloer Aart a Weis duergeluecht, soudatt mir soss näischt aneres nach bleift, wéi den Accord ze ginn an nach eng kéier dem Här Arendt Merci ze soen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, no deenen e bësse méi heftegen Diskussiounen, déi mer um viregte Punkt haten, fanne mer erëm bei deem techneschen Dossier hei, denken ech, Unanimitéit hei an der Chamber. Ech géif och an eise Numm dem Rapporteur Merci soe fir seng ausfëerlech Duerstellungen an och den Accord da vun der LSAP-Fraktioun abréngen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bodry. An da wier et un der honorabelen Madamm Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëlt mech dann och uschlëssen an dem Här Guy Arendt Merci soe fir de Rapport an och d'Zoustëmmung gi vun der grénger Fraktioun, mat just nach enger klenger Remark.

Den ODL kritt jo hei net nëmme just en neit Mandat, mee och en neie Fonctionnement respektiv eng nei Struktur, déi moderniséiert gëtt a konform gëtt zu allen aneren Établissements publics. An deem Kontext wëllt ech dem Här Gramegna e klenge Message mat op de Wee ginn.

D'Regierung huet sech schonn 2018 derzou verflücht, wa Memberen an e Conseil d'admini-

nistratioun genannt ginn, dat ass jo hei all dräi Joer de Fall, dass da 40 % Frae sollen do vertruede sinn. Mir hu festgestallt, dass déi Vertreter vum Staat Här sinn. Ech stellen domat hir Kompetenz net a Fro, mee ech mengen, wa mer eis engagéieren, eis Conseil d'administratioun e bësse méi divers opstellen, da wär et vläicht an nächster Zäit och emol souwäit, dass dann eng Fra d'Chance hätt, do matzeschaffen, am Sënn vun der Diversitéit a vum gudde Fonctionnement an eiser Gesellschaft, awer och als Zeechen, dass mer méi villfältig an déi Richtung wäerte schaffen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Och ech wöלט dem Kolleeg Guy Arendt häerzlech Merci soe fir säi ganz exzellente Rapport an d'Zoustëmmung vun der ADR bréngen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Ech muss lech awer enttäuschen: Et wäerte weinstens zwee Deputéierter net derfir stëmmen.

► **Plusieurs voix**.- O!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Et wier vill ze vill einfach soss. Ech ginn awer dovun aus, datt et trotzdeem duerchkënnt. Mir hunn e klenge Problem, éischters schonn emol, wat de Statut privé ugeet vun deene Leit, déi dora schaffen. Mir sinn der Meinung, datt et Fonctionnairé misste sinn. An ech muss lech scho bal aus dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires kuerz zitieren, well besser hätt ech et net gesot. An ech mengen net, datt mir Memberen do hunn. Ech mengen net.

Also: « Le monde politique se laisse trop facilement séduire par des lobbyistes qui réussissent à acclimater les engouements anglo-saxons et les modes ultralibérales pour gérer les administrations publiques dans un esprit de rentabilité capitaliste et pour privatiser les services publics de plus en plus nombreux, et cela en dépit des résultats désastreux de cette politique qui est pratiquée partout en Europe. » Besser kéint ech et wierklech net soen.

Et gëtt awer nach aner Ursachen. Et muss ee sech prinzipiell Froe stellen, inwiefern d'Kollektivitéit awer och d'Risiko vun der Industrie systematesch esou muss iwwerhuelen. D'Société civile, ONGen hu sech awer och oft mam Office du Ducroire auserneegesat, well do Krittären, wat d'Menscherechter ugeet an esou weider, net ëmmer respektéiert ginn an dem Soutien vun den Aktivitéiten vun eisen Entreprises dobaussen. Bon!

An och de Conseil d'administration, datt de Ministère direkt explicitement seet, datt en dräi Leit aus dem Privatsecteur do nomméiert; et wier méi einfach ze soen: „Hei d'Chamberen nomméieren deen direkt an d'UEL och.“ Da sinn déi och beschäftegt. Da géif dat méi einfach goen.

Aus deenen Ursache wäerte mer net derfir stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, säit der Kreatioun vum Office du Ducroire am Joer 1961 huet sech an der wirtschaftlecher Landschaft zu Lëtzebuerg, mee och international vill verännert. An et ass wichteg, dass ee sech un dës Changementer upasst, fir den Entreprisé weiderhin eng qualitativ héichwäerteg Ënnerstëtzung bidden ze kënnen.

Dat gesot, ass et, mengen ech, och wichteg, datt mer eis Établissement-publicke generell reegelméisseg op de Leescht huelen, se evaluéieren a falls néideg moderniséieren. Dat ass och de Grond, firwat d'Piraten, trotz e bësse Bauchwéi, dese Projet wäerte matdroen.

Loosst mech awer kuerz eise Bauchwéi erklären!

► **Une voix**.- Et gëtt Medikamenter dogéint.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Medikamenter dogéint, jo, d'Regierung hat et an der Hand, fir d'Medikamenter dogéint quasi an den Text ze geëssen. Ech erspueren lech och elo nach eng kéier en Zitat aus dem Avis ...